D'Waasserverdeelung fir de Freckeisen a Suewelbuer leeft iwwert den interkommunale Syndikat Miedernach-Freckeisen. A gudden Zesummenaarbecht hunn d'Gemengen Ärenzdall a Waldbëlleg gekuckt, fir eng besser Léisung ze fannen. Mat der Bedeilegung vu Waldbëlleg huet d'Gemeng Ärenzdall en neien Drénkwaasserbehälter Op Firtchen hanner Suewelbuer a Richtung Iermsdref gebaut, deen drop waart, fir mat Waasser aus dem Mëllerdall gefällt ze ginn. Den Drénkwaasserbehälter Seitert huet d'Pompel prett, fir d'Waasser op Firtchen ze bréngen. Mee et gëtt nach keng Leitung dohinner!

Déi Leitung gëtt an d'Strooss tëscht Haler a Suewelbuer geluecht, den C. R. 358, deen am Januar 2018 gespaart gëtt, fir endlech no villem Gedeessems erneiert ze ginn. Soubal dat geschitt ass, können de Freckeisen, Suewelbuer, an esouguer Iermsdref mat Drénkwaasser aus der Quell Härebuer vum Mëllerdall versuergt ginn. Dee Moment ass eis Gemeng dann och komplett autark an der Drénkwaasserversuergung.



Deen neie Konzept vun der Drénkwaassergewönnung, der Drénkwasserspäicherung an der Drénkwasserverdeelung gouf mam Bureau d'ingénieurs Daedalus vun Hiefenech entwéckelt, mam Zil, den Drénkwaasserversuergungssystem ze verbesseren, en op de modernste Stand vun der Technik ze bréngen an e géint all Eventualitéiten ofzesécheren. D'Gemeng Waldbëlleg investéiert méi wéi 5 Milliounen Euro an d'Erneierung vum Drénkwaasserversuergungssystem. D'Detailer dovu stoungen 2013, 2016 an 2017 am FUUSS.

Hei zu Haler um Seiterst stoung schon zénter de 1970er-Joren e Betonsbehälter mat engem Faassungsvermögen vun 300 Fudder. D'Erweiderung mat zwou Kummeren aus Stolbeton mat zweemol 260 Fudder gëtt eng Gesamtkapazitéit vun 820 Fudder Drénkwaasser. Domat kéint aus dëse Behälteren d'Wasserversuergung mindestens e ganzen Dag garantéiert ginn, och wann et eng Pann bei de Pompele vum Mëllerdall géif ginn.

Mam neie Behälter ass direkt eng Verbindungsleitung mam C.R. 358 geluecht ginn. An eng Réngleitung, déi d'Waasserversuergung vun Haler ofschert an a puncto Drock verbessert. An enger zweeter Phase gëtt den ale Waasserbehälter hannert deem neie renovéiert. Dat bedeut, datt den ale Behälter komplett sanéiert gëtt, andeems eng nei Innwand agezu gëtt, d'Reier ersat ginn asw.

An dësen neie Waasserbehälter ass modernsten Iwwerwaachungstechnik agebaut. Vu bausse gesäit een dat net. D'Qualitéit vum Waasser ass natierlech immens wichteg. Zénter gutt a gären zéng Joer huet eis Gemeng mat CONVIS, engem landwirtschaftleche Berodungsbetrib, eng Conventioun, fir d'Landwirtschaft an de Golf zu Chrëschtnech a puncto Düngen ze beroden, fir eis Drénkwaasserquellen ze protegéieren.

Eis Landwirtschaft kooperéiert gutt. Mee mir sinn nach net um Enn vun där Rees ukomm. Mat dem Quelleschutzreglement vum 21. August 2017 hu mer nach e laangt Stéck Wees virun eis. Iwwerall an der Géigend gi Milliounen an d'Drénkwaasserréseauen investéiert an nei Kläranlagen gi gebaut. Dat ass gutt esou. Et ass awer och Zäit ginn!

Zu Waldbëlleg bleiwen de Quelleschutz an d'Verbesserung vun der Waasserqualitéit eng Prioritéit, och vun de Quelle Schiessentümpel 1 a Schiessentümpel 2, déi Beaufort an en Deel vu Bäertref versuergen. Um Agenda vun den nächste Jore stinn eng nei Erschléissung vun der Quell Härebour 2, d'Verbanne vun de Quellen énnereneen, eng nei Leitung vum Mëllerdall hei erop, a virun allem d'Vergréisserung, d'Erneierung an d'Verleeung vun neien Drénkwaasserversuergungsleitungen a Richtung Waldbëlleg a Chrëschtnech. Déi komplett Erneierung vun der Klärung vum Ofwaasser vum Mëllerdall, Waldbëlleg a Chrëschtnech kënnnt do nach derbäi, en Invest vun iwwer 9 Milliounen Euro no Ofrechnung vum Subside.

D'Budgetspolitik vun der Gemeng Waldbëlleg gëtt domadder an den nächste Jore ganz staark vun den Investitiounen an d'Drénkwaasser an an d'Ofwaasser bestëmmt.

Marc Barthelemy



Pierre Haas

ZIVILSTAND // ETAT CIVIL

Geburten // Naissances

05/08/2017	Roeder Maintz	Alessia	<i>Haller</i>
28/08/2017	Vanetti	Noah	<i>Waldbillig</i>
30/08/2017	Krippeler Meyer	Lex	<i>Waldbillig</i>
06/09/2017	Kritter Faria	Lisa	<i>Waldbillig</i>
25/09/2017	Tavares Silva	Christophe Agostinho Junior	<i>Waldbillig</i>
26/10/2017	Welter	Jan	<i>Christnach</i>
22/11/2017	Veiga Pais	Alessio	<i>Haller</i>
23/11/2017	Halilovic	Bilal	<i>Haller</i>
12/12/2017	Thill	Bianca	<i>Waldbillig</i>
29/12/2017	Casel Pleimling	Jax	<i>Christnach</i>
11/01/2018	Balbeur	Alex	<i>Haller</i>

Heiraten // Mariages


11/10/2017	Muller Gilles & Diderrick Véronique	<i>Haller</i>
12/12/2017	Hasanovic Amel & Atanacković Milana	<i>Mullerthal</i>

Partnerschaftsverträge // Partenariats

17/08/2017	Larry Pit & Beckené Jil	<i>Haller</i>
04/10/2017	Ruppert David Jean & Ruppel Cynthia Jeanne Loni	<i>Waldbillig</i>
08/11/2017	Ruppert Marcel Michel Sylvie & Viegas Maria De Fatima	<i>Waldbillig</i>
27/11/2017	Schmit Jeff & Reuter Romy Isabelle	<i>Christnach</i>
14/12/2017	Dhamen Sven & Majerus Elisabeth	<i>Christnach</i>
20/12/2017	Schroeder René & Ludwig Alexandra	<i>Haller</i>
20/12/2017	Barrela Lavinas Tony & Teixeira Melissa	<i>Christnach</i>

Sterbefälle // Décès

30/08/2017	Ries Charlotte Catherine (94)	<i>Christnach</i>
12/11/2017	Dahm Auguste (76)	<i>Christnach</i>
05/12/2017	Giver Raymond (60)	<i>Waldbillig</i>
18/12/2017	Gratias Carlo (57)	<i>Waldbillig</i>



MIR GRATULÉIEREN ...

... fir den 90. Gebuertsdag vun der **Madame Marthe Ries**, gebuer den 21. August 1927 am Mëllerdall.



... fir den 90. Gebuertsdag vum **Här Roger Pinnel**, gebuer den 9 September 1927 zu Lëtzebuerg.



... fir den 95. Gebuertsdag vun der **Madame Muriel May** Rice, gebuer den 10. September 1922 zu Sevenoaks (England).



... d'Pensioun fir d'**Madame Marianne Jacobs-Poll**!



... dem **Här Fernand Huss**, fir 25 Joer op der Gemeng!



© Filipe Soares



© Pierre Haas

INTERVIEW MAT DEM ANDRÉE HENX-GREISCHER

2011-2017, éischt Schäffin, zénter Oktober 2017 Buergermeeschtesch vun der Gemeng Waldbëlleg.

FUUSS: Géift Dir lech kuerz virstellen.

Andrée Henx-Greischer: Ech gouf de 26. September 1963 an der Stad gebuer a wunne vu klengem un zu Chrëschtnech, fir d'éischt am Preiseschen (Schoulstrooss) an vun 1988 un op der Loetsch.

1989 sinn ech mam Vic Henx vun Esch bestuet ginn a mir kruten 1991 eist Meedchen, d'Liz. Vun 1998 u koum méi eng schwéier Zäit fir eis: De Vic war u Leukämie erkrankt an huet eis den 21. Februar 2002 no enger mëssgléckter Knachemuerchtransplantatioun verlooss. Dat selwecht Joer am Juli ass och mäi Papp, de Marcel Greischer, gestuerwen. Et war net esou einfach fir eis zwee, awer d'Liewen ass net stoe bliwwen.

Ech war no der Primärschoul an d'Handwierschoul gaang, op Baufach fir de Bautechniker ze maachen an duerno eng Meeschterprüfung als Steemetzer. Vun klengem u wosst ech, datt dat dee richtege Beruff fir mech wier; et léiert een émmer nei Leit an Iddie kennen, et gétt émmer eppes neits. No der Schoul hunn ech zéng Joer laang am Betrib vu mengen Eltere geschafft. Den 1. Januar 1995 hunn ech als Maître d'enseignement technique am Baufach an der Handwierschoul ugefaangen, Schoul ze halen. Zénter d'Baufachsektioun op Mamer geplénnert ass, schaffen ech am Lycée Josy Barthel zu Mamer. Den Émgang mat de jonke Leit an d'Baufach maache mir och haut nach vill Spaass. Meng Hobbye sinn d'Soroptimisten (e Service Club zu lechternach), liesen, reesen, am Gaart schaffen an mech em eis Déiere këmmern.



Firwat sidd Dir an d'Politik gaangen?

Meng Entscheidung, fir an d'Gemengepolitik ze goen, ass 2011 gefall. Et huet mech schonn émmer interesséiert, an deemools war e Moment a mengem Liewen, wou d'Liz op der Uni an ech fir eng nei Aufgab oppe war.

Oft hunn ech geduecht, kritiséiert a matdiskutéiert, datt ee Verschiddenes kéint änneren; awer nämnen, wann ee selwer derbäi ass a sech engagéiert, kann een eppes bewierken. Bei de Walen 2011 hat ech net mat esou engem gudde Resultat fir e Schäffeposte gerechent, an esou koum vill Neies op mech zou. No de Walen 2017 koum mam Buergermeeschteschposten nees villes derbäi. Dat neit Mandat verlaagt nach méi Zäit an Engagement; et ass eng ganz villsäiteg Aufgab, mat där ee ganz vill bewierke kann.

Den Nodeel ass awer, datt net méi vill Zäit fir ee selwer bleift; de Congé politique geet ni duer, fir all déi Aarbecht ze meeschteren. Heiansdo fält et mir schwéier, genuch Gedold ze hu mat de Prozeduren an de staatlechen Instanzen, et dauert einfach alles ze laang. An enger klenger Gemeng kennen d'Leit de Buergermeeschter an d'Schäffen; se wëssen, wou ee wunnt a kommen bei Problemer a Froen och mol ganz einfach schellen oder ruffen un. An op engem Fest gétt dann einfach iwwert en Daach vun engem Schapp oder soss Baudossiere geschwat.

Wat si fir lech déi wichteg Objektiver vu Gemengepolitik?

Et ass mir wichteg, datt d'Liewensqualitéit an eiser Gemeng sech virun entwéckelt a verbessert gëtt. Dat ass méiglech mat enger gudden Betreiung vun de Kanner an enger moderner Schoul. Eng gutt Ubannung un den éffentlechen Transport ass wichteg, fir dass net esou vill Leit musse mam Auto op d'Schaff fueren. D'Ënnerstëtzung vun de Veräiner an d'Organiséiere vun Evenementer spiller eng grouss Roll. An datt fir all Alter eppes derbäi ass. D'Servicer vun der Gemeng gi stänneg den neisten Erausfuerderungen ugepasst; den Internetsite gëtt weider ausgebaut. De ländleche Charakter vun eisen Uertschafte soll erhale bleiwen.

Wéi eng politesch Dossiere leien lech perséinlech um Häerz?

Déi grouss Dossieren an den nächste Jore si sécher déi nei Kläranlag zu Chrëschtnech fir d'Klärung vum Ofwaasser vun den Dierfer Chrëschtnech a Waldbëlleg, an d'Waasserversuergung fir d'ganz Gemeng. Donieft gëtt de Site vun der Heringer Millen mat enger pädagogescher Spillplaz weider ausgebaut. Den Energie- a Waasserverbrauch vun de Gemengegebaier gëtt verbessert. Et soll och e Konzept ausgeschafft ginn iwwer den Zentrum vu Waldbëlleg mat dem Hentgesbau an dem fréieren Haus Majerus. Déi Aarbechte müssen an e puer Etappen ausgefouert ginn. Et ass wichteg, dass den Ënnerhalt an och den Ausbau vun de Gemengeninfrastrukture virugeet.

Soll eng kleng Gemeng wéi Waldbëlleg onofhängeg bleiwen?

A mengen Ae soll eis Gemeng onofhängeg bleiwen. Mir schaffe mat den Nopeschgemengen ganz gutt zesummen, esou datt verschidde Maschinnen énnerteneen ausgeléint ginn oder Projeten zesumme realiséiert ginn. D'Fusioun géing Schwieregkeete mat sech bréngen um Niveau vun der Schoulorganisation, der Maison relais an de Gemengeservicer. Eleng duerch eng Fusioun gëtt net alles besser. Et mécht kee Sënn, dat duerch d'Politik ze fuerderen, mee et muss vun de Leit aus de jeeweilege Gemengen ausgoen.



Pierre Haas

Ass d'Bedeelung vun der Populatioun u Gemengenaktivitéiten an den Interessi un der Gemengepolitik gutt genuch?

D'Bedeelung vun de Leit u Gemengenaktivitéiten ass am allgemege relativ gutt, mat de Veräiner kënne vill Manifestatiounen organiséiert ginn. Bei den öffentleche Versammlungen ass den Interessi vun de Leit ganz verschidden, jee nodeem, wat d'Thema ass. Et ass sécher net einfach, fir déi Bedeelung u Versammlungen, awer och bei de Veräiner, ze verbesseren. Mir probéieren, Versammlungen iwwer aktuell Themen ze halen a bidden de Veräiner déi fir eis beschtméiglech Konditiounen un. D'Infrastrukture gi permanent erneiert a verbessert, fir datt all Veräiner d'Méiglechkeet hunn, fir hir Aktivitéiten auszeüben. Eise Budget ass awer och begrenzt. Nëmmen, wann d'Leit ze summe matschaffen a sech fir d'Gemeng interesséieren, kënne mir virukommen. Mir brauchen d'Bedeelung vun eisen Awunner.

Wat si fir lech perséinlech d'Unzéierungspunkte vun eiser Gemeng, firwat lieft Dir gär do? Wat kéint besser sinn?

Eis Gemeng läit an enger ländlecher Géigend, bei eis kann een d'Natur genéissen an déi vill Wandertouren ofgoen. Eis Géigend ass duerch de Mëllerdall am ganze Land, an och dorriwwer eraus, bekannt.

Fir schaffen ze goen, muss ee meeschten fueren, entweder mam Auto oder mam öffentlechen Transport, an dee kënnt méi ausgebaut ginn. Net vill Leit hunn d'Chance, an engem Betrib an der Gemeng ze schaffen. Fir nei Betriben an d'Gemeng ze kréien ass schwierig, well mir keng Industriezon maache können. Ech wier scho frou, wa mir nees e Geschäft an eiser Gemeng hätten, oder zu Chrëschtnech an zu Haler e Café, zu Waldbëlleg gëtt et dee jo nach.

Eis Gemeng ass fir mech émmer nach déi schéinste Plaz am Land, ech wunne gären hei. Zu Chrëschtnech sinn ech do heem, d'Noperschaft kennt sech an et kann ee roueg schelle goen, wann engem eppes feelt, wann een Hëllef brauch oder eng Hand fir unzepaken. Dat ass mir wichteg an ech wënsche mir, datt dat och esou bleibt.



INTERVIEW MAM JEAN-LUC SCHLEICH

2000-2003: Conseiller; 2003-2011, éischte Schäffen, 2011-2017: Buergermeeschter vun der Gemeng Waldbëlleg.

FUUSS: Géift Dir lech kuerz virstellen.

Jean-Luc Schleich: Ech hunn 42 Joer a wunnen zu Chrëstnech op 4 an der Loetsch. Ech hunn déi éischt zwee Joer vu mengem Liewen zu Haler gewunnt, an zénterhier zu Chrëstnech.

Ech si Staatsbeamten am Service central de législation vum Staatsministère. Ech sinn do fir de Suivi vun de legislativen a reglementaresche Prozeduren an d'Relatioune mam Parlament zoustän-neg.

Ech si bestuet mam Anne Molitor a mir hunn zwee Kanner, d'Liz an de Pit.

Ech hat bis November 2017 just een Hobby an dat war d'Gemengopolitik. Do dernieft blouf dann nach hei an do Zäit fir d'Famill a Fussball ze kucken. Neierdéngs liesen ech ganz vill a recherchéieren iwver de Michel Rodange, d'Lëtzebuerger Geschicht am 19. Joerhonnert an d'Geschicht vun eiser Gemeng. Dat ass eng ganz spannend Rees. Natierlech genéissen ech och d'Familljeliewen a bal all Owend gëtt doheem mat der Kaart gespillt (Uno).



Firwat sidd Dir an d'Politik gaangen?

Ech war an der Jugend émmer am Veräinsliewen aktiv, well ech gären énnert de Leit sinn (Fussball, Musek, Pomp-jeeën).

Ech wunne gären an eiser Gemeng an hunn nach émmer Verbonnenheet mat der Geschicht vun der Gemeng a mat de Leit vun hei verspuert. Mat 24 Joer hat ech Loscht, nodeems ech am Beruff ukomm war, aktiv an der Gemeng matzemaachen. Ech war der Meenung, datt et och wichteg wär, datt jonk Leit sollte kënne mathëllefen, d'Geschécker vun eiser Gemeng ze leeden. Loscht an een énnerlechen Undriff hu mir de Courage ginn, fir am Oktober 1999 eng éischte Kéier mat an d'Gemengewahlen ze goen. Déi Zäit war d'Gemeng nach a Sektionen agedeelt. Ech hat d'Chance, fir direkt fir d'Sektion Chrëstnech gewielt ze ginn.



Firwat hutt Dir opgehalen?

Ech sinn net méi mat an d'Wale gaangen de leschten Hierscht, well ech no 18 Joer an der aktiver Politik vun zwou Saachen iwverzeeght war: Éischtens, datt een ophale soll an deem Métier, wann et am schéinsten ass. Zweetens muss een esou éierlech sinn anzegestoen, datt een sech als Politiker no enger Rëtsch Jore verbraucht huet, an et wichtig ass, datt reegelméisseg nei Impulser gesat ginn, déi eis Gemeng virubréngen. Dat ass elo geschitt, an esou ass dat gutt! Ech si frô an dankbar, datt ech esou eng schéi Sortie aus der Politik hat, an ech wäert mech émmer gären un déi Zäit erënneren.

Natierlech wollt ech awer och nees méi fir meng Famill do sinn an e bësse méi Fräizäit am Sënn vun Entspannung hunn.

Wat ech net vermëssen, dat ass déi vill Aarbecht, déi deen Job lo-gescherweis matbréngt. Mee ech vermëssen d'Kolleeginnen an d'Kolleegen, mat deenen ech all déi Joren enk zesummegeschafft hunn.

Wéi gesäit fir lech eng modern Gemengepolitik aus?

Eng modern Gemengepolitik huet vill Facetten; ech wéll der hei beispillhaft just e puer erauspicken. Fir mech ass eng modern Ge-menepolitik déi, déi et fäerdegt bréngt, sech permanent virun ze entwéckelen. Stéllstand ass Réckschrëtt! Duerfir ass et wichteg, datt déi grouss communal Infrastrukture viru moderniséiert an ausge-baut ginn.

Eng modern Gemengepolitik ass eng Politik am Respekt vun der Natur an der Ëmwelt (Waasserschutz, Reduktioun vum Energiever-brauch). De Klimapakt ass duerfir ee wonnerbare Programm. Digitalisierung muss virubruecht ginn, an de Schoulen an an der Ad-ministratioun.

Fir dat sozialt Zesummelieren an déi sozial Kohärenz ze behalen, ass déi bescht méiglech Ënnerstëtzung vun de lokale Veräiner vu kapitaler Wichtegkeet. An Zukunft wäerten awer och privat Initia-tiven, déi d'Allgemengwuel zum Zweck hunn, verstärkt misse ginn. Wann een dat mécht, wäert een och nees méi Biergerparticipatioun kréien.

Schlussendlech leien eis Kanner eis an der Gemeng am meeschten um Häerz. Zénter 1994 gëtt an der Kannerbetrei-ung exemplaresch Aarbecht geleescht vun der A.s.b.l. d'Fiissercher an der Maison relais. D'Kannerbetreuung ass och ee Beräich, dee sech permanent entwéckele soll, wuelgemierkt am Sënn an zum Wuel vun de Kanner.

Wéi eng politesch Dossieren louchen lech besonnesch um Häerz a wat géift der lech vum neie Gemengerot wünschen?

Fir mech an d'Kolleegin an de Kolleg aus dem Schäfferot war – an ech denken ass – d'Moderniséierung an den Aus-bau vun de Gemengeninfrastrukturen een zentrale Punkt. D'Projete vun der Waasserversuergung an der Ofwaasser-behandlung sinn do sécherlech ze nennen, mee awer och déi vun der Maison relais a vun der Heringer Millen mat der gréisserer Spillplaz.

Gäre gëtt vergiess, datt och een Haaptuleies vum Schäfferot dee war, fir de Waasserschued an der Sportshal be-huewen ze kréien an d'Hal erëm benotzbar ze maache fir eis Veräiner a fir eis Schoul.

Um Häerz louch mir den Erhalt vum ländleche Charakter an dat trotz dem Drock vum permanenten Zouwuess. D'Moderniséierung vum PAG, eng harmonesch urbanistesch Entwécklung an eisen Dierfer, an eng héich professionell Analyse vun de Baudossiere sinn do ze nennen.

Vum neie Gemengerot géif ech mir sécherlech wünschen – wann ech mir dat erlaben dierf – datt d'Kolleeginnen a Kollegen an der Kontinuitéit vu virdru viruschaffen, wat d'Infrastrukturen ugeet, an trotzdem ganz nei Weeér géife fannen, fir d'Leit nees méi zu Eegeninitiativen z'encouragéieren. Ech géif mir wünschen, datt d'Leit sech nees méi fir d'Allgemengwuel an d'Gestaltung vun eiser Gemeng géifen interesséieren, andeems se aktiv géife mathëlfen. Mat-maachen amplaz just ze konsuméieren ass do de Prinzip. Et kann een net alles deenen néng Leit aus dem Gemen-gerot iwwerloosseren, nom Prinzip: Kuckt, datt der eens gitt, duerfir sidd der jo gewielt ginn.



Wat huet lech an der Gemengepolitik gestéiert wéi Dir nach aktiv waart?

Gestéiert huet mech, wat ech elo grad scho gesot hat, datt net méi konkret Participatioun vun de Leit ze gesinn ass; ech géif mir nach méi Privatinitiative fir d'Allgemengwuel wënschen.

Gestéiert huet mech, datt ech net ganz konnt fir d'Gemeng schaffen a leider och nach dräi Deeg hu missen an d'Stad schaffe fueren. Ech hätt nach gäre méi Zäit fir d'Gemeng gehat.

Richteg gestéiert hu mech d'Lenteur administrative an Prozedure vu verschiddene Ministèren oder staatlechen Administratiounen. Et ass mir einfach net séier genuch virugaangen a villen Dossieren.

Soll eng kleng Gemeng wéi Waldbëlleg onofhängeg bleiwen oder sech méi staark mat anere Gemengen zesummeschléissen, fusionnéreren?

An de fusionéierte Gemengen ass d'Liewen eleng duerch d'Fusioun net paradesesch besser ginn. Am Géigendeel, wéi ech dacks vu Bierger aus Fusiounsgemenge gezielt krut.

Déi interkommunal Zesummenaarbecht oder Gemeinschaftsprojete vun e puer Gemenge fannen ech fir eis Gemeng besser ewéi eng Fusioun. Och déi regional Zesummenaarbecht fir d'Entwicklung vun der Regioun Mëllerdall ass gutt fir eis Gemeng.

Eng Fusioun muss vun de Leit gewënscht sinn an eng historesch gewuesse Realitéit sinn. Dat dierf net eleng ee reng politeschen Zweck verfollegen.

Wéi gesäit fir lech no Äre Wonschvirstellungen d'Liewen an der Gemeng Waldbëlleg am Joer 2050 aus?

Ech si kee Prophéit a fir grouss Visioune sinn ech och net zoustänneg. Wann ech mir awer eppes wënsche kéint, dat wier d'Gemeng Waldbëlleg 2050 komplett autark an der Energieversuergung. Eis Baache wiere propper, d'Dierfer selwer wiere komplett autofräi, well ganz nei Mobilitéitskonzepter Autoen iwverflësse maache géifen. Et géif praktesch keen Offall méi an der Gemeng gemaach ginn, well Deeler vum Offall direkt nees anescht kéinte verwäert ginn. Eis Gemeng hätt eng floréierend Landwirtschaft a grouss Deeler vun der Produktioun an der Gemeng kéinten iwver Direktvermaartung déi eege Bevölkerung ernären. D'Erhuelung am ländleche Raum wier garantéiert duerch eng intakt Natur. D'Veräinsliewe géif floréieren an déi sportlech ewéi déi kulturell Villfalt géif derfir suergen, datt d'Leit méi dacks an der Gemeng énnerwee sinn, wéi auswäerts oder an der Stad. Am Joer 2050 kéinte vill Leit doheem an der Gemeng schaffen, well d'Digitaliséierung dat erméiglecht hätt. Duerch nei Aarbechtszäitmodeller hätten d'Leit méi Zäit fir d'Famill a fir kreativ Auszáiten.

Alles dat ass ee Wunsch – héchstwahr-scheinlech souguer een naiven. Mee et muss ee verréckt Dreem hunn, fir ze wës-sen, op wat een hischaffe soll. Ech denke just, datt eise jëtzege Liewenswandel net nëmmen d'Natur an d'Ëmwelt, mee och de Mensch futti mécht. Fir méi ee gesonde Liewenswandel ze kréien, wou de Mensch och nees Mensch si kann, brauch et aller-déngs d'Hëllef vu villen engagéierte Leit. Dat kann an dat sollt een net eleng der Politik iwverloessen.



Pierre Haas

ÄDDI, CARLO.

Noruff op de Carlo Gratias vu Waldbëlleg.

Den 18. Dezember dat lescht Joer koum déi traureg Noriicht, datt de Carlo de Kampf géint de Kriibs verluer hat. Hien ass zu Waldbëlleg bei sech doheem fir émmer ageschlof. Seng Fra Isabelle a sái Meedche Lena ware bei him, an hunn hien op sengem leschte Wee bis déi lescht Minutt mat vill Suerg a Léift begleet. No dräi Joer Ustrengungen an Traitementer géint déi schwéier Krankheet hat de Carlo keng Kraaft méi. Vill ze fréi, mat 57 Joer, gouf dem Carlo seng Biografie abrupt énnerbrach.

Datt de Carlo net méi do ass, hannerléisst ee grousst Lach an den Häerzer vu senger Fra, sengem Meedchen, senger Famill a senge ville Frënn a Bekannten. D'Hentgesstrooss zu Waldbëlleg – déi ganz Gemeng – huet een häerzensgudden a léiwe Mënsch verluer. Trauregkeet, Néiergeschloenheet, Péng an ee groussen Näischt sinn déi Gefiller, déi dem Carlo sain Dout matbruecht hunn. Virun allem senger Fra Isa a sengem Meedche Lena wölle mir all versécheren, datt si net eleng duerch dësen däischteren Dall goe mussen, mee datt mir fir si do si mat all eiser Sympathie a Frëndschaft.

De Carlo koum den 19. November 1960 zu Esch op d'Welt. Hien huet mat sengen Elteren a sengem zwee Joer méi ale Brudder zu Bieles gewunnt. No sengen Etuden am Jongelycée zu Esch wollt hie Schoulmeeschter ginn. Schonn am Lycée, am zaarten Alter vu 17 Joer, hat hien een A op seng spéider Fra Isabelle geworf. 1985 huet de Carlo seng Plaz als Schoulmeeschter zu Waldbëlleg ugtrueden, wou hie 14 Joer geschafft huet. De Carlo an d'Isabelle hunn déi Zäit zu Waldbëlleg an engem Appartement iwwer dem Klassesall gewunnt. D'Joer 1985 war dann och eng gréisser Zäsur fir de Carlo, wéi seng Mamm u Kriibs gestuerwen ass. Hien hat do grad mol 25 Joer.

1991 hunn d'Isabelle an de Carlo sech bestuet an 1994 koum hir Duechter Lena op d'Welt. 1996 ass déi jonk Famill an hiert nei gebauten Haus an der Hentgesstrooss geplénnert. 2001 huet de Carlo een neien Challenge als Schoulmeeschter gesicht, d'éischt am Régime préparatoire (Modulaire) am technesche Lycée Ettelbréck, duerno am Régime préparatoire am Nordstadlycée zu Dikrech, éier hie vun 2008 un de jonken Zaldoten um Härebierg Schoul gehalen huet.

De Carlo war ee Mënsch, dee gären énnert de Leit war, dee bal bei alle kommunale Festlechkeeten derbäi war. Och wann hien net gären an der éischter Rei gestanan huet, esou war hien awer am politeschen, sozialen a kulturelle Liewe vun eiser Gemeng doheem an engagéiert.

Nodeems de Carlo an d'Isabelle hir Duechter Lena kruten, war de Carlo mat anere Leit aus eiser Gemeng beméit, fir eng Plaz ze schafen, wou kleng Kanner aus der Gemeng ausserhalb vun de Schoulzäite versuergt kéinte ginn. Hie war Grënnungsmember vun der A.s.b.l. d'Fiissercher, wou hie vun 1994 bis 2011 de Sekretär war. D'Fiissercher hu vum 8. November 1994 un Spillnomëtter fir Kanner vun 3 bis 4 Joer an der Spillschoul zu Waldbëlleg offréiert. Och ee Babysitter-Service gouf déi Zäit vun hinnen an d'Liewe geruff. Déi nei Servicer haten en immense Succès an d'Nofro war grouss. 1998 gouf dee Klassesall, wou de Carlo nach Schoul gehalen hat, an eng Garderie émgebaut. Do hunn d'Fiissercher Kanner vun 2 bis 12 Joer versuergt. An de Schoulvakanzén hunn d'Fiissercher Aktivitéiten an Ausfluch organiséiert. 2007 huet d'Maison relais, wéi mir se haut kennen, hir Dieren opgemaach. Och haut ass d'A.s.b.l. d'Fiissercher de Gestionnaire vun der Maison relais zu Waldbëlleg. Zénter 2012 war de Carlo President vum genannte Veräin. Säi Verdéngsch fir d'Kannerbetreuung an eiser Gemeng ass ganz grouss!



Op politeschem Plang huet de Carlo sech beschtens mat den énnerschiddleche Gemengenpolitiker verstanen, mat deenen enge méi, mat deenen anere manner. Och wann hien duerch an duerch ee Waldbëlleger gi war, sou blouf hien awer nach e Stéck wäit ee Minettsdapp. Hien huet seng Meenung fräi, ongefiltert an éierlech zum Beschte ginn. Wann ee mam Carlo diskutéiert huet, dann huet een direkt gemierkt, datt hien sech auskannt huet; a mat grousser Leidenschaft huet hien sech fir d'Saach agesat. Wann hie vun eppes iwverzeeght war, dann huet hie sech vehement agesat oder dergéint gewiert. A wann et huet misse sinn, dann huet hien de Politiker de Marsch geblossen oder gehollef, eng Biergerinitiativ ze grënnen. Dobäi huet de Carlo awer émmer just de Ball gespillet an ni de Mann!

Um kulturelle Plang huet hien 2002 den Organisatiounscomité fir d'Honnertjoerfeieren vun der Waldbëlleger Musek geleet. Duerch sain Asaz konnt dee Comité ee schéine Festprogramm op d'Been stellen, an eis Musek ass zerguttstert gefeiert ginn. Och eng ganz liesenswäert Festbroschür koum eraus. De Carlo huet do am Vierwuert geschriwwen: „Musek maachen ass eng Méglechkeet, wiersam un der Duerfgemeinschaft deelzehuelen.“ An un där Duerfgemeinschaft huet hien émmer deelgeholl. Schonn an der Broschür vum Waldbëlleger Gesangverän huet hien 1989 Artikel en iwver d'Lëtzebuerger Geschicht geschriwwen. Och wann hien ni offiziell aktiv an der Musek oder am Gesank war, sou huet hien awer mat grousser Leidenschaft musizéiert a gesongen. Wann ee beim Carlo doheem war oder mat him a Gesellschaft, dann huet et net laang gedauert, bis hie seng Gittar siche goung, an da gouf gesongen a gejuchst. An all Gesellschaft war hien ee Gaascht, dee gäre gesi war, an duerch seng lëschteg, opriichteg an onverfälschten Aart huet hie sech immens vill Frénn an der Gemeng an doriwwer eraus gemaach.

Dem Carlo seng Leidenschaften ware säi schéine Gaart an d'Reesen. Am Camper eraus an d'Welt ze fuere war fir hien en Zeeche vu Fräiheit. Neits ze entdecken, Leit ze begéinen an nei Kulture kennenzeléieren, dat war Senges. An natuerlech war seng Gittar émmer derbäi. Doheem huet hie säi wonnerschéine Gaart gefleegt, a generell war hien e ganz naturverbonnene Mënsch. Dernieft huet hie meeschterhaft Aikido gemaach, eng japanesch Kampfsportaart. Gären ass hien och Vélo gefuer. Fir dem Isabelle ee Gefalen ze maachen, ass hien och reegelméisseg mat lafe gaangen. Zénter dem Kriibsdout vu senger Mamm hat hie geziilt op eng gesond Liewensweis opgepasst. Et ass deemno net ze begräifen, datt de Kriibs ausgerechent him vill ze fréi d'Liewe geklaut huet.

De Carlo huet och leidenschaftlich gäre gelies. Queesch duerch de Geméisgaart, ob Belletistik, Sach- a Fachbicher oder divers Zeitungen, him war et émmer wichteg, fir sech virunzebildan an informéiert ze bleiwen. An zugläich gouf et fir hie keng besser Entspannung wéi bei enger gudden Lektür am Gaart doheem ze relaxen.

Sonndes huet de Carlo d'Kolleegen aus der Gemeng zesummegeruff, fir Boule ze spiller. Hien war deemno ee Mënsch, deen d'Leit beienee bruecht huet, an do, wou hie war, do koumen d'Leit gäre beieneen.

Trotz senger Krankheet ass hie bis ganz zum Schluss énnert d'Leit gaangen, well hie gäre bei de Leit war, énnert de Leit aus senger Gemeng. Hien huet sech duerch d'Krankheet net aspären a scho guer net verbéie gelooss. Et huet een him dacks ugesinn, datt et him net gutt gaangen ass. An awer blouf de Carlo émmer de Carlo, opriichteg, lëschteg an onverfälscht, sou wéi hien émmer war.

Carlo, däi Feelen deet ville Leit wéi! Mee mir all wäerte virufuere (missen). Mir wäerte viru Lidder sangen, an och eng Gittar wäert emol derbäi sinn. Mir wäerte viru Boule spiller, an diskutéieren, an nach vill Geleeënheeten wäerte kommen, fir ze feieren, fir ze reesen, fir Neits ze entdecken. Mir wäerten dat maachen, an eis dobäi un dech erënneren. Soulaang mir eis un dech erënneren, bleifs du énnert eis, lieweg an den Härzer a lieweg an den Erënnerunge vu ville Leit!

Äddi, Carlo!


Jean-Luc Schleich

ACTIVITÉITEN AN DER SCHOUL

DE CYCLE 1

Am Bësch

Am Bësch hunn d'Spillschoulskanner vill Méiglechkeeten, sech auszeprobéieren: si entdecken, sammelen, bauen, klammen, rutschen ... Dat ass e Spaass!



De Kleesschen an der Schoul

D'Kanner aus der Spillschoul hunn dem Kleeschen e klengt Theaterstéck presentéiert, Lidder gesongen a gedanzt. Si hu sech ganz vill iwwert déi schéi Bicher, déi si als Kaddo kruten, gefreet. Merci Kleeschen!





Petit déjeuner français

Och an der Spillschoul gi scho verschidden Aktivitéiten gemaach. D'Kanner schwätzen do ganz gäre mat hiren Handpoppen, Jacques an der Mme Henriette, déi eben némme Franséisch kunnen ... Déi zwou Poppen hunn d'Kanner op e Petit-déjeuner agelueden an d'Kanner hu sech druginn, hiert lessen op Franséisch ze bestellen. Wéi Dir gesitt, huet dat geklappt an den Dësch war zum Schluss gutt gebotzt.



DE CYCLE 2

Den C2.1 am Naturmusée

Den C2.1 war d'Ausstellung *Alles fir d'Kaz* an den Naturmusée kucken.



Kach-. Bastel- a Bakatelier am C2

Den C2 huet zum Thema Hierscht Quiddejelli a Kürbisgebeess gekacht, Äppeltaart gebak a Kürbiszopp gemaach. Dat Ganzt hu si sech am flotte Kader bei selwer gebastelter Hierscht-Deko gutt schmaache gelooss.



DE CYCLE 3

Den Cycle 3 huet um **Adventsmaart e Floumaart** organiséiert an och gebastelt Stäre verkaaft. Béides war e groussen Erfolleg an esou konnte vill Sue fir de gemeinsamen Ausfluch gesammelt ginn.



DE CYCLE 4

De Kleeschen am C4

De Kleesche gouf am C4 mat enger Adaptatioun vu *We will rock you* empfaangen.

Duerno huet den C4.1 d'Stéck *De Jempi waart op de Kleeschen* an den C4.2 *Onerföllbar Wënsch* an D'Chrëschtdags-Konferenz virgespillt.

Zum Schluss gouf et e flott Buch an e gudde Boxemännche fir all Kand.



Den C4.2 um Adventsmaart

Fir de Schoulausfluch matzefinanzéieren, huet den C4.2 Bijouen an Deko aus Leem, Schnéikugelen a Seefe gemaach an um Adventsmaart vun der Elterevereenegung mat vill Succès verkaaft.



Den C4.1 beim Steenzäitatalier

An Zesummenarbecht mam Naturmusée hunn d'Kanner vum C4.1 un engem Steenzäitatalier deelgeholl, bei deem si zum Schluss eng Luucht, eng Ketten an/oder e Säckelche konnte bastelen a probéiert hunn, Käre mat engem Mërser ze muelen.





≈ + 📸 D'Enseignanten aus der Grondschoul vu Waldbëlleg



📸 Damaris Pletschette

SPEND FIR LEEDERWON A.S.B.L.

D'lescht Joer hat d'Gemeng Waldbëlleg den 190. Gebuertsdag vum Nationaldichter Michel Rodange gefeiert, deen den 3. Januar 1827 zu Waldbëlleg am Haus an Nannets gebuer gouf.



A Präsenz vum Premier- a Kulturminister war samsdes, den 8. Juli 2017 e grousse Cortège, wou Päerd a Kutsche vun der Leederwon a.s.b.l. vu Betzder matgefuer sinn. Leederwon ass eng Associatioun, där hiert Zil et ass, Mënsche mat Behënnerung de Kontakt zu Päerd ze vermettelen an hinnen doduerch ze hellefen. Dat ass grad fir schwéierbehënnert Leit eng grouss Hëllef, an och fir Persounen, déi ënnert Stress oder Burnout leiden.

D'Schoulkanner vu Waldbëlleg haten zu de Festlechkeete bëigedroen an aacht maansgrouss Fiiss bemoolt, déi de Kënschtler Nuno Mafra mat der Motorsee aus 190-järegem Eechenholz erausgeschnidden hat. Deen néngte Fuuss vum Nuno Mafra ass net bemoolt ginn a bleift virun der Gemeng stoen.

Déi bemoolte Fiiss si virun der Gemeng ausgestallt an op der Ofschlossfeier vun de Michel-Rodange-Festivitéiten de 15. Juli versteet ginn. Do koum déi zolidd Zomm vun 17.250 Euro fir e gudden Zweck zesummen.





De 27. Dezember hunn d'Schoulkanner aus dem Schoul- a Sportzenter Michel Rodange vu Waldbëlleg e Scheck mat deene 17.250 Euro u Leederwon asbl iwwerreecht.

Filipe Soares



Guy Seyler

30 JOER JONK AN AL

Am September hu *Jonk an Al* hir 30 Joer gefeiert. Well et war den 30. September 1987, wéi zu Waldbëlleg d'Yvonne Koch d'Initiativ geholl hat, fir e Senioreveräin ze grënnen, deen och direkt 81 Memberen hat. Laang war dëst déi lokal Sectioun vun der Amperas, ier de 6. Abrëll 2006 *Jonk an Al Gemeng Waldbëlleg* sech konstituéiert huet. President dovu gouf de Pierre Majerus, a Sekretärin d'Irène Schmit.

Fir de Gebuertsdag huet de Paschtouer Robert Kuzwela eng Mass gehalen am Veräinsbau zu Chrëschtnech. Gesungen hunn d'Chéier aus der Gemeng Waldbëlleg, dirigéiert vum Claude Schmit. D'Uergel huet den Henry Wickens gespillt.

De President Pierre Majerus huet a senger Ried hannecht op d'Veräinsgeschicht gekuckt. Him waren émmer dee gudde Klima an déi enk Fréndschaft téscht de Membere wichteg. Mee hien huet dunn ugekënnegt, datt hien an och d'Sekretärin Irène Schmit géife vun hire Posten demissionéieren, well d'Zäit do wier, datt méi Jonker déi Mandater iwwerhuelen. Si kruten eng Standing Ovation a mat enger schéiner Auer an engem Blummebucci Merci gesot fir hir laang Aarbecht.

De Buergermeeschter Jean-Luc Schleich ass op déi wichteg Roll agaang, déi esou Veräiner am Liewe vun den Dierfer iwwerhuelen. Et gouf och émmer eng exzellent Zesummenarbecht téscht dësem Veräin an der Gemeng. De Pierre Majerus huet net némmen hei, mee och an anere Veräiner an an de landwirtschaftleche Verbänn eng grouss Roll gespillt.

Den Deputéierten André Bauler huet dem Veräin fir seng 30 Joer félicitéiert; hien huet un all d'Senioreveräiner am Land an un de *Club Senior* erénnert, déi aus dem Liewe vu villen eelere Leit net ewechzedenke sinn.

Den André Bauler huet och ervirgehuewen, wéi enchantéiert en ass vun deem schéinen Duerf Chrëschtnech. Déi prachtvoll al Haiser sinn an der Zäit vun der éister-räischescher Keeserin Maria Theresia gebaut ginn, déi d'Herrscherin war vun eisem Land a mat hire Reformen e groussen Afloss op d'Geschicht vu Lëtzebuerg geholl huet. Déi gelonge Restauratioun vum Duerf Chrëschtnech ass en adequaten Hommage un déi grouss Fra, där hiren 300. Gebuertsdag 2017 gefeiert gouf.

Marc Barthelemy

Quell: 30-jähriges Stiftungsfest von «*Jonk an Al Waldbëlleg*». Denis Dimmer. MyWort.lu 30.09.2018



Irène Schmit-Dahm mam Vizepresident Pierre Diederich



Marianne Diederich-Meyers mam President Pierre Majerus



Jean-Luc Schleich



Dem Deputierten André Bauler gëtt nogelauschtert



De President Pierre Majerus



De Virstand vu Jonk an Al mat den Éiregäsch Octavie Modert, André Bauler, Gilles Baum a Jean-Luc Schleich

Denis Dimmer

CLUB DES JEUNES

Am August hat de Club des Jeunes déi éischt Editioun vum Beachvolleyballtournoi um Terrain zu Chrëschtnech organiséiert. Trotz dem schlechte Wieder waren e puer motivéiert Spiller bei eis luusse komm an hu matgemaach.

Den 3. September si mir als Club bei eisen deemolege Member Laurent Becker a seng Fra Martine Freichel op d'Hochzäit gefuer, wou mir e puer Spiller fir si virum Aperitif geplangt haten. Souverän hu si dat zesumme gemeeschtert.



Am September si mir och nach Gezei fir d'Kleedersammlung duerch d'Gemeng asammele gaangen.

Eist Mercisiessen hate mir de 4. November, wou all déi Leit, déi eis d'ganzt Joer iwwer énnerstëtzzt haten, invitéiert waren.



De 5. Dezember huet de Club des Jeunes dem Kleesche gehollef, Kaddoe bei déi brav Kanner aus der Gemeng ze bréngen. Natierlech hat hien och den Houseker dobäi, deen och alt emol eng Rutt huet missen ausdeelen, a seng Engelcher, déi him eng Hand ugepaakt hunn.

Dat neit Joer hu mir als Club des Jeunes zesumme gutt ugefaang. Silvester hu mir a gemittlecher Ronn mat guder Musek an enger Raclette bis an dat neit Joer gefeiert.



Den 12. Januar ass et direkt mat der Generalversammlung viru gaangen. Nieft deem seriöen Deel, wou mir e Joresréckbléck gemaach an zesumme mat eisen neie Memberen op d'Aktivitéiten an der Zukunft gekuckt hunn, hu mir eis deen Owend och bei engem klenge Maufel z'iessen an engem Patt gutt ameséiert. Deen neie Comité besteht aus Pol Wilgé, Joëlle Duschang, Luc Kirsch, Ben Wilgé, Michel Becker a Jil Beckené.

Eis Jongen a Meedercher ware sät hallwem November motivéiert an hu scho flässseg un eisem neie Won geschafft, sou datt mir den 11. Februar prett si fir op déi Dikrecher Kavalkade. Um Programm stinn och nach déi Escher (4. Mäerz), déi Waasserbelleger (10. Mäerz) an déi Réimecher Kavalkade (11. Mäerz). Awer net just op de Kavalkade soll deen neie Won zum Asaz kommen, mä och fir d'Buergbrennen fuere mir samschdes erëm duerch Chrëschtnech Brennmaterial fir d'Buerg ophiewen a verdeele Wirschtercher a Glühwäin. Op Buergsonndeg (18. Februar) gëtt d'Buerg, wéi all Joer, op der Hougeriicht gebrannt.

Ma dobäi soll et net bleiwen. An eisem Agenda bis Juni stinn och nach:

- 14. Abrëll: Indiakatournoi a Knëppelbal mam DJ Al
- 10. Mee: Landjugenddag
- 13. Mee: Millefest am Mëllerdall

Wann s du och tëscht 15 a 35 Joer al bass, motivéiert bass, un eisen Aktivitéiten deelzehuelen, dech fir e Veräin wëlls engagéieren oder einfach Loscht hues, Zäit a gudder Gesellschaft ze verbréngen, da fénns du eis iwwer Facebook (Club des Jeunes Christnach) oder komm einfach bis era kucken, wa Luucht bei eis am Sall ass am Clublokal, 7, Fielserstrooss zu Chrëschtnech.



ELTEREVEREENEGUNG

GENERALVERSAMMLUNG VUN DER ELTEREVEREENEGUNG WALDBËLLEG, DEN 8. NOVEMBER 2017

D'Generalversammlung vun der Elterevereenegung Waldbëlleg war ewéi émmer en Owend, wou mir den Acteuren aus onser Schoulcommuneautéit, der Gemeng Waldbëlleg an anere fräiwöllegen Hänn Merci soen. Mir schaffen Hand an Hand mat motivíerte Leit an probéieren esou, d'Schoul an d'Maison relais ze énnerstëtzen.



An deem Senn organiséiere mir e puer Aktivitéiten ewéi den traditionellen Adventsmaart, de Programm Hëllef him & Hëllef richtege, Ënnerstëtzung beim Schoulfest a bei der Coupe scolaire zesumme mam Léierpersonal, an natierlech den Antidrogendag. Donieft probéiere mir d'Elterevertrieder ze énnerstëtzen, andeems mir hinne bei hiren Themen-owender hëllefene.

Mir soen op déser Platz der Carole Wampach an der Betty Helminger nach eng Kéier Merci fir hir Aarbecht als Keese-reviseurinnen!

Zum Schluss ware mir ewéi émmer frou, Membere vum Schäffen- a Gemengerot, vum Léierpersonal a vum Schoul-comité, Représentante vun der Maison relais an och natierlech Elteren op eiser Generalversammlung begréissen ze kennen. Si waren ewéi all Joer invitíert, un eisem Kéisowend deelzehuelen. Dëst huet et eis erméiglecht, e flotten Ofschloss mat vill Austausch mat eisen Gäscht ze hunn.

De Comité vun der Elterevereenegung Waldbëlleg:

Nathalie MEYER-CHEVALIER (Presidentin), Chantal ALBERT (Sekretärin), Simone MEHLEN-WOHL (Trésorière), Tanja GEIGER, Martine HAHN, Christine HUSTING, Mireille MAJERES, Zara de MONTIGNY, Carole MARBES-REUTER, Mireille MATHES, Annick MENSTER, Jessica SCHMITZ, Jessica SCHUMACHER, Carmen SEYLER, Carole ZIMMER.

ADVENTSMAART VUN DER ELTEREVEREENEGUNG WALDBËLLEG DEN 1. DEZEMBER 2017

De Freiden 1. Dezember 2017 hu mir eisen traditionellen Adventsmaart um 16 Auer no der Schoul am Schoulhaff ofgehalen. Dofir: Iéif Kanner, Elteren, Léierpersonal, Personal vun der Maison relais, Membere vun der Schoulkommissioun, interesséiert Awunner aus der Gemeng, Vertrieder vum Schäffen a Gemengerot, e grousse MERCI un lech all. Ouni lech all wier den Adventsmaart net dat, wat en ass.

Zesummen hu mir e puer flotter Stonne bei engem gudde Schocki, Glühwäin, engem Stéck Kuch oder waarme Wirschtche verbruecht. Natierlech soe mir lech och Merci, datt Dir eis duerch de Kaf vun eisen Adventskränz an Arrangementer esou flott énnerstetzt.



Dëst Joer hun den C.3.1, C.3.2 an C.4.2 och mat engem Stand gehollef. Sou konnten si hir eege Keess fir den Ausfluch opfëllen. D'Maison relais hat zesumme mat der Akerblumm ee klenge Sketch an e Fakelzuch astudéiert. Si hunn och Selwergebasteltes verkaaft. Wéi all Joer hat onsen Adventsmaart e grousse Succès.

E spezielle Merci geet un de Fernand Huss a seng Equipe, den Théo Moulin, d'Sekretariat vun der Gemeng, d'Männer vun eis Comitésfraen, fir hir Hëllef virun onsem Maart.

HËLLEF HIM & HËLLEF RICHTEG VUM 15. BIS DEN 19. JANUAR 2018

Säit 2010 organiséiert d'Elterevereenegung Waldbëlleg zesumme mat der Police Grand-Ducal de Programm Hëllef him & Hëllef richteg, en Anti-Gewaltprogramm an de Cyclen 2.2, 3.2 a 4.2. Dobäi gi folgend Theme bannent 2 Stonne behandelt:

- Cycle 2.2: Verhalensorientéiert Moosnamen bei Gefor, verdäitlecht duerch altersgerecht Rollespiller.
- Cycle 3.2: Wat ass Gewalt an wéi eng Formen vun Gewalt ginn et? (Doheem, Computerspiller, Internet)
- Cycle 4.2: Gewalt a seng Konsequenzen fir den Täter a fir d'Affer! Wat erwaart mech am Lycée?

D'Kanner können um Kannertelefon 116 111 no Hëllef froen.

Zil ass et, an der Grondschoul present ze sinn an zwar reegelméisseg an den Cyclen 2.2, 3.2 a 4.2 an dat all Schouljoer. Mir soen ee grousse Merci dem Här Laurent Goedert, Commissaire en Chef vum Service Preventioun vun der Police. An och e Merci dem Léierpersonal fir hir Mataarbecht an de Kanner, déi matgemaach hunn.





WALDBÖLLEGER MUSÉK

D'WALDBÖLLEGER MUSEK RÉCK- AN AUSBLÉCK OP E FLOTTE PROGRAMM

Léif Lieserinnen a Lieser,

d'Waldbölleger Musek ka schonn op e puer flott Momenter an der Saison 2017/2018 zréckblécken an erwaart awer och e puer spannend Evenementer an deenen nächste Méint.



Eis Saison huet am September direkt mat zwee flotte Concerten ugefaang. De 17. September konnte mir zu Wormer op der *Riesling Open* spillen. No engem gelongene Concert hu mir vun där flotter Ambiance profitéiert. Nëmmen e puer Deeg drop, den 19. September, hate mir dunn e Concert op der Plëss. Am Liicht vun de ville Luuchte ronderëm hu mir d'Leit mat engem gefällte Programm verwinnt, vum *Centorion a Starlight Express* iwwert e schéinen *Disney Medley* bis hin zu *Coldplay*.

Am Oktober hu mir op eisen traditionellen Thé dansant mam Roland Kayser invitéiert. Do koumen déi Danzbegeeschtert voll op hir Käschten. Do ronderëm war Kiermeszäit an der Gemeng a mir hunn zu Haler, zu Chrëschtnech, zu Wald-bölleg an och am Mëllerdall den Hämmelsmarsch gespillt.

An de Prouwen hu mir eis op de Chrëschtconcert konzentréiert, dee mir den 10. Dezember mam Mëllerdaller Männerchor zu Chrëschtnech an der Kierch gespillt a gesongen hunn. Hei hu mir flott Stécker wéi de *Largo* aus de *Véier Joreszäiten* vum Vivaldi gespillt, esou wéi de *St. Florian Choral*. Op déi flott Chrëschtagslidder konnte mir net verzichten

an de Public koum an de Genoss vu Stécker ewéi *Christmas on Broadway* oder *It's Christmas*. Et gouf och eng Première: D'Waldbëlleger Musek an de Mëllerdaller Männerchouer stoungen zesummen op der Bühn fir e flott Arrangement vum *The Conquest of Paradise*. Mir si frou, datt trotz dem Schnéichaos esou vill Leit komm sinn, an datt mir mam Erléis kënnen de Plooschter-Projet énnerstëtzen.

D'Joer 2018 huet mat eiser uerdentlecher Generalversammlung den 12. Januar ugefaang. Do hu mir zwou laangjärege Musikantinnen, der Lony MICHELS-THOLL an der Jacqueline PENNING-VAN DE MAELEN, Merci gesot fir hiren Asaz fir d'Waldbëlleger Musek. An de Comité huet en neie Member kritt, de Camille GOEDERT. Hei e klengen Ausbléck, wat nach op lech an op eis duerkënnt.

E Sonndeg, de 25. Februar invitíere mir lech erëm häerzlech op eise Kaffi, Kuch a Kniddelen vun 12h bis 18h an d'Cafeteria vun der Sportshal, bei deem d'Kniddelen wuel am Virdergrond stinn. Och dëst Joer gëtt et en Chili con carne als Alternativ. Notéiert lech den Datum, well dat ass net ze verpassen.

Dann hoffe mir och, datt mir geschwë kënnen an eisen neie Musikssall plënneren, dee fir eis dëst Joer och en Highlight ass.

Dat wichtegst Evenement an engem Musiksjoer ass de Galaconcert. Op deen invitíere mir lech elo schonn häerzlech **e Samsdeg, den 28. Abrëll um 20h** an der Sportshal zu Waldbëlleg. Wéi all Joer gi mir eist Bescht, fir lech énnert der Leedung vun eisem Dirigent, dem Christophe Weiland, e flott musikalescht Erliefnis ze bidden.

Wann Dir Loscht hutt, en Deel vun der Waldbëlleger Musek ze ginn, da kommt laanscht. Mir prouwen dënsdes owes um 20h am Musekssall, 2, rue des Fleurs, zu Waldbëlleg. Mir freeën eis iwver all Énnerstëtzung. Wann Äert musikalescht Talent net duergeet: Mir sichen émmer Leit, déi sech wëllen am Comité engagéieren an eis do hëllefén déi flott Saisonen ze organiséieren. Mellt lech do beim President Nico Reinert.

Fir gutt informéiert ze sinn an eis Fotoen ze kucken, fannt Dir eis op www.waldbelleger-musek.lu oder op eiser Facebooksäit Waldbëlleger Musek.

Annik Reinert



Camille Goedert





MËLLERDALLER MÄNNERCHOUER

Alles Halleluja,

no deem besonneschen Highlight vun de Feierlechkeeten zum 190. Gebuertsdag vum Michel Rodange am Juli 2017 hu mir eis nees dru gemaach, e flotte Programm fir déi roueg a besënnlech Joreszäit anzeprouwen.

Ënnert der Direktioun vum Jemp Origer an der instrumentaler Begleedung vum Pianist Roger Recht, huet de Männerchouer zwéi gutt besichte Concerten an der Chrëschtzäit ugebueden.

Lass goung et zesumme mat der Waldbëlleger Musek den 10. Dezember 2017 an der Kierch zu Waldbëlleger, mat eisem méttlerweil traditionelle Chrëschtconcert zu engem gudden Zweck. Eng flott Zesummenaarbecht tëschent Gesang a Waldbëlleger Musek war d'Haaptlidd *Conquest of Paradise* aus dem Film 1992 vum griichesche Komponist Vangelis aus dem Joer 1992.



De Mëllerdaller Männerchouer an d'Waldbëlleger Musek invitieren op hire

Chrëschtconcert

10. Dezember 2017
16⁰⁰ Auer
Chrëschtnecher Kierch

Mat engem lèwe Geste kënnst Du beim Ausgang den Plooschter Projet énnerstëtzzen... plooschterprojet.com

10. Dezember 2017

Chrëschtconcert

Mëllerdaller Männerchouer
Roger Recht, Piano
Jemp Origer, Direktioun

I've got peace like a river	Negro Spiritual
Hambani Kahle	Zulu traditional
Tebje Pojem	Dimitri Bortnianski
Hallelujah	Leonard Cohen / Roger Emerson
Laudate Deum omnes gentes	Music: Anonym 16. Jh. Satz: Siegfried Singer
O Bethlehem, du kleine Stadt	aus England / dt Text: Helmut Barbe Satz: Göte Widlund
Sing Gloria	Sally K. Albrecht
Tollite hostias	Camille Saint-Saëns / arr: Gotte Kasperma

Fir matzesangen

Aus dem Himmelssall

Paus

Waldbëlleger Musek

Christophe Weiland, Direktioun

Renaissance-Suite	Talman Susato arr. Hermann Egner
Largo	Antonio Vivaldi - arr. Willy Hautvast
A Winter's Tale	Philip Sparke
St. Florian Choral	Thomas Doss
Christmas on Broadway	arr. John Higgins
Campus Intrada	Jacob de Haan
It's Christmas !	arr. Warren Barker

Desweideren hate mir eisen Neijoersconcert zum Ofschloss vun der besënnlecher Zäit de Sonndeg, 8. Januar 2018 an der Kierch zu Hiefenech, wou mir Lidder ewei *Hambani Kahle*, en traditionellt Zululidd aus Afrika, *Tebje Pojem*, e russesche Kierchgesang vum Dimitri Bortnianski an och *Hallelujah*, vum Leonard Cohen arrangéiert vum Roger Emerson fir Männerchouer, an engem klangvollen Ambiente virgedroen hunn. Zesumme mat engem Ad-hoc-Kannerchouer aus Solfègeschüler aus der regionaler UGDA-Musekschoul, geleet an um Piano begleet vun hirer Enseignante Claude Keiser, hu mir eis de Spaass ginn, de Rudolf duerch d'Kierch fléien ze loessen.

Eis nächsten Oprëtter :

- Karfreideg, den 30. Mäerz 2018 an der Fielser Kierch um 20.00 Auer.
- Hochzäitsmass den 12. Mee 2018, zesumme mat de Chorale vu Chrëschtnech an Noumer.
- Concert de 17. Juni 2018 am Hospice Civil zu lechternach, um 15.00 Auer, am Kader vun der Fête de la Musique.

Homepage:

Weider Informatione fannt Dir op eiser Homepage www.mellerdallermaennerchouer.lu

Sidd Dir interesséiert fir matzesangen, da mellt lech beim President Claude Hansen (claude.hansen@education.lu; GSM 661 72 13 13) oder engem vun eise Gesangsambassadeuren aus dem Mëllerdall.

Eis Memberen 2017-2018

Uechtzéng Membere sange freides owes zu Chrëschtnech am Veräinshaus zwou Stonne laang zesummen a soe Merci fir e flott Joer voll mat Musek:

Bernard Charel, Chrëschtnech (Caissier)
 Colbach René, Hiefenech (Éirepresentant)
 Frisch Carlo
 Hansen Claude, Iechternach (President)
 Hansen Emile, Weilerbaach
 Kerschen Erny, Petteng (Comité)
 Kieffer Marcel, Hiefenech (Comité)
 Konsbruck Thierry, Uewerdonwen (Pianist)
 Majerus Pierre, Chrëschtnech
 Mehlen Pol, Chrëschtnech

Müller Ludwig, Chrëschtnech
 Origer Jemp, Konsdref (Dirigent)
 Pizzaferri Erny, Noumer
 Schumacher Dietmar, Waldbëlleg
 Schiltz Louis, Haler (Sekretär)
 Schintgen Fons, Waldbëlleg (Comité)
 Schneider Will, Beefort
 Tobes Nic, Chrëschtnech (Comité)
 Wickens Henry, Waldbëlleg



René Colbach, Eirepresentant, & Jemp Origer, Dirigent



UERGELFRËNN WALDBËLLEG

D'Uergelfrënn Waldbëlleg goufe 1996 gegrënnt an d'Zil war, genuch Suen ze sammele fir eng Uergel an der Kierch vu Waldbëlleg. Dat ass dann och gegléckt, an no der Renovatioun vun der Kierch konnten d'Uergelfrënn eng Päifenuergel um Duxall vun der Kierch installéiere loessen.



Concert, den 26. November 2017

Déi Responsabel vum Veräin sinn den Henry Wickens, President, de Fons Schintgen, Keessjee, an den Daniel Mantrisi, Sekretär.

D'Uergelfrënn organiséiere Concerten an der Kierch vu Waldbëlleg.

Sonndes, de 26. November 2017, war e Concert Evensong mam Vokalensembel Ambitus Echternach énnert der Leedung vum Roby Schiltz; d'Uergel hat de Paul Kayser gespillet.

Sonndes, de 14. Januar 2018, war e *Christmas and Epiphany Carol Concert* mam Chouer vun der anglikanescher Kierch vu Létzebuerg énnert der Leedung vum Ovidiu Dragan, begleet op der Uergel vum Alan Carlisle a vum Henry Wickens.



Henry Wickens

Ugesot si fir déi nächste Méint :

Sonndes, de 15. Abrëll 2018 ém 17h00, ass en Uergel-Récital mam Pater Thomas Möller vun Düsseldorf.
Samsdes, de 26. Mee 2018 ém 20h00, ass e Concert mat den *Elysian Singers of London* ënnert der Leedung vum Sam Laughton.



Concert, de 26. November 2017



Concert, de 15. Januar 2018



FC OLYMPIA CHRËSCHTNECH/WALDBELLEG

Wat huet den FCO mat senge Memberen alles gestiicht an deene leschte Méint?

De 14. Oktober hate mer onst Wëldfest, do krut een entweder e gudde Ragoût vun der wëller Sau mat Bäilagen oder Paschtéit mat Bäilagen. Fir de klengen Honger dono hate mer och virgesuergt. Op onsem Beaujolaisfest de 16. November ass et net némme Beaujolais ginn, mee mir haten och ee risege Kéisbuffet. A jo, de Fuuss (BATMAN), deen de Fussball gesteet hat (an de Faarwe vum FCO), deen huet seng Plaz um Fussballsterrain fonnt. Als éischt am Joer 2018 hate mer dunn nach onsen Tavares-Wantercup; deen ass den 3. Januar ugaangen a Schluss wor de 6. Januar. Am Ganze waren 28 verschidden Equuppen do, an dést an deenen heite Kategorien: Bambinis, Pupilles, Poussins, Minimes, Seniors II, Seniors I. Den Highlight war awer de Match téschent enger Equipe mixte vu Bambins a Pupilles géint hir Mammen. Dee Match hunn di Kleng kloer mat 4-0 gewonnen a se wore glécklech, mee ech denken, d'Zuschauer an och d'Mammen hate vill Spaass bei désem Match.



Merci all deenen, déi émmer fräiwölleg héllefén, fir datt d'Matcher an ons Evenementer esou gutt iwwer d'Bün ginn. Och ee grousse Merci un d'Gemeng fir d'Ënnerhale vun onsen Infrastrukturen a fir hir aner Héllefén.

Mir freeën ons op Är Ënnerstëtzung, dofir kommt laanscht d'Matcher kucken, sief et mat deene Klengen oder deene méi Groussen. Fir lessen an Drénken ass gesuergt. Direkt nieft dem synthetischen Terrain ass och eng super Spillplaz fir Kanner.

De Comité vum FCO besteet aus deenen heite Leit:

- Président d'honneur: Meyers Leo
- Président: Tholl Jojo,
- Secrétaire: Feltgen Georges
- Trésorier: Labarbuta Patrick

Membres:

- Dhamen Ronni
- Mehlen Jo
- Meyers Tom
- Schmit Jeff
- Tholl Steve
- Van Leemput Roger

Hei nach d'Equipe vum FCO an hir Traineren:

1. Equipe: Trainer Janusz Pruchenski, GSM 691 476 850, janusz.pruchenski@gmail.com

2. Equipe: Trainer José Mantrisi, GSM 691 457 051, mantrisi@gmx.net

Dames Entente Rosport / BC 01 / Krëschtnach: Trainer Carlo Calmes, GSM 621 218 452, ccalmes@pt.lu

Cadets Entente Medernach/Christnach: Trainer Alexandre Manuel Texeira Simoes, GSM 621 525 448, alexcorolla@yahoo.de

Scolaires Entente Medernach/Christnach: Trainer Antonio Manuel Valente Da Silva, GSM 621 672 747 tunvalente@gmail.com

Minimes: Trainer Jo Mehlen, GSM 621 294 033, mehlenjo@gmail.com

Poussins: Trainer Luis Carlos Do Carmo Esteves, GSM 691 665 865, luis_esteves87@hotmail.com

Pupilles: Trainer Tom Meyers, GSM 691 347 291, meyerstom@gmail.com

Bambini: Trainer Marc Oestreicher, GSM 661 390 621, oestreichermarc@hotmail.com

Informatiounen iwwert Jugendequipe kritt Dir beim Tom Meyers (meyerstom@gmail.com) oder bei anere Leit vum Comité.

De Programm vun de Jugendequipe fir d'Reckonn ass leider nach net eraus, mee d'Saison fänkt normalerweis den 10. Mäerz erëm un.

Ons 1. Equipe huet den 11. Mäerz nach ee Match nozechuelé géint Schengen, an dann huet si deen heite Programm:

- 18/03/2018 lechternach – FCO
- 25/03/2018 oder 28/03/2018 FCO – Brouch
- 08/04/2018 Duelem – FCO
- 15/04/2018 FCO – Schuller
- 22/04/2018 Koplescht – FCO
- 29/04/2018 Schengen – FCO
- 06/05/2018 FCO – Näerzeng
- 13/05/2018 Keinzeg – FCO
- 19/05/2018 FCO – Gasperech

Ons 2. Equipe huet folgende Programm:

- 04/03/2018 FCO – Beiwen (Attert)
- 11/03/2018 Uewerkuer II – FCO
- 18/03/2018 FCO - lechternach
- 25/03/2018 Mutfert-Medingen – FCO
- 31/03/2018 FCO – Näerzeng II
- 08/04/2018 Biwer – FCO
- 22/04/2018 FCO – Ell
- 29/04/2018 Bruch – FCO
- 06/05/2018 Pratz-Reiden – FCO
- 13/05/2018 FCO - Mensdorf

SAVE THE DATE

16. JUNI 2018 JUGENDTURNÉIER um synthetischen Terrain zu Chrëschtnach

Matt beschte sportleche Gréiss, de Comité vum FCO.



D'AÉROMODELLISTEN VU CHRËSCHTNECH

Intro: D'Aéromodelliste vu Chrëschtnech hunn iwwert d'Joer eng sellechen Aktivitéiten!

1) Doheem gëtt gebastelt: pechen, seeën, schrauwen, schlaifen, sprëtzen an nach villes méi ... an dat souwuel fir nei Konstruktionen wéi och fir Restauratiounen, wann dann d'Landung emol méi suboptimal wor!)

2) D'Formatioun continue: um Internet, iwwer Reklamen, a spezialiséierte Foren, op Ausstellungen am In- an Ausland, an Zäitschriften, a Bicher an am Gespréich mat Kolleegen ...! Hei ass d'Eraschaffen an d'Elektronik, an d'Programmatioun, an d'Energietechnik och èmmer méi e wichtige Volet.

3) De Flugbetrib um Airfield Fons Mehlen, am Vugelsbësch.

Hei weist et sech, wéi gutt a präzis gebaut ginn ass, wéi gutt dem Pilot seng Reflexer sinn a wéi flexibel hien op Wiederkapriole ka reagéieren. D'Sécherheet als Haaptuleies beim Flugbetrib, dat muss betount ginn.

Hei elo e klenge Compte-rendu vun engem Mëtteg Flugbetrib op eisem Terrain:

No dem erfollegräichen Test un der Schleefmaschinn, probéiere mer eppes Neies: Eng Schleefmaschinn zéit zwee Seegler mateneen op 200m Ausgangshéicht erop, fir ze kucken, wien déi beschten Thermik fënnt.



Éischt Etapp: De Cularis 4 vu Multiplex gëtt als Totalseegeler ee Mol probéiert. De Jos schmässt en an den Acker ... e flitt!



De Marcel spendéiert de Säiteschneider fir de Bläi ze schnëppelen ... de Schwéierpunkt hapert nach!



De Romain riets, de Jewi lénks wéi wann déi zwee zesumme grouss gi waren!

No engem schéine Flug: Simultanlandung mat liichter Karambolage um Terrain. Alt erém pechen!



Dem Romain säi Yakovlew (Yako énner Kolleegen - de Pilot huet an der UDSSR geléiert) ass mat Eleganz duerch d'Figure gejot ... mat 1A-Landungen!



Dem Jos sain *Ice-Blast* brauch seng Toppform och net méi ze beweisen!

No villen anere spannende Performancen am Loftraum iwwert dem Vugelsbësch ass den Debriefing bei Kaffi an enger Schneekegkeet.

Wat fir e schéinen Hobby!!!

Clément "Push" Steffen



TURNVERÄIN ÉMMER FIT

De Rendez-vous fir ze turnen ass émmer méindes vun 19h30 bis 20h30 an der Sportshal zu Waldbëlleg.

D'Coursë kaschten 80 Euro pro Joer, fir Studentinnen ass et 60 Euro.
Se ginn um Konto IBAN LU43 0090 0000 0124 9491 bei der CCRA bezuelt.


Déi éischt Séance ass gratis.

Et gi Coursë fir Ufängerinnen an awer och Coursë fir méi erfueren Turnerinnen.

Um Enn vu all Trimester ass e Pot d'amitié.

Kontakt:

- Isabelle Oberlé, Presidentin: isabelle.oberle@education.lu
- Alice Greischer, Sekretärin: greischa@pt.lu
- Pina Stoltz, Comitésmember: pina.stoltz@pt.lu





DEN TOURISTCENTER HERINGER MILLEN

Am Touristcenter Heringer Millen am Mëllerdall fënnt een all Informatiounen iwwert Wanderen a Vélofueren an der Regioun. Et kritt een och gratis Wanderequipement ausgeléint. Am Shop gëtt et eng breet Palett vu regionale Produiten ze kafen.



Den Touristcenter ass op vun 9h30 bis 16h30. Am Wanter dënsdes bis samsdes, vum Abrëll un mëttwochs bis sonndes, vum 16. Mee un all Dag.

Wild- und Heilkräuterwanderungen sinn zweemol am Joer; déi éischt ass sonndes, den 29. Abrëll. Umelle kann ee sech op touristcenter@mullerthal-millen.lu oder um 87 89 88. D'Millefest ass sonndes, den 13. Mee. De Chrëschtmaart fält op den 8. an 9. Dezember 2018.

D'Fotoe weisen d'Kraiderwanderung de 17. September 2017 mam Heilpraktiker a Pedagog Hans-Joachim Hoppe an de Chrëschtmaart vum leschte Joer.





PORTRAIT: E KËNSCHTLER AUS EISER GEMENG WOUTER VAN DER VLUGT

De Wouter van der Vlugt ass Kënschtler a lieft mat senger Famill zu Waldbëlleg.

Hien huet an de leschte Jore mat de Schoulkanner aus dem Cycle 4 geschafft, fir de Passage an de Schoulhaff kënschtleresch ze verschéineren.



FUUSS: Wie sidd Dir ?

WvdV: Ech sinn de Wouter van der Vlugt, Hollänner, 1970 zu Lëtzebuerg gebuer. Vu Beruff sinn ech Bildhauer. Ech schaffen elo zénter bal 20 Joer an deem Beruff. Ech hu viru 17 Joer mat fënnef anere Kënschtler de Grupp Sixthfloor gegrënnt. Mir schaffen zu Käerch, no bei der Belscher Grenz, wou mir eng al Seemillen zu Atelieren émgebaut hunn. Ech schaffen haaptsächlech am Holz, dat hei aus der Regioun kënnnt.

Wei sidd Dir zu dëser Passioun, zu dësem Beruff komm?

Am Fong si meng Eltere schold. Meng Eltere sinn immens konschtpassionnéiert, an hunn dat mir a mengem Zwillingsbrudder, dee Moler ass, mat op de Wee ginn. D'Passioun kënnnt awer och aus der Leidenschaft fir d'Handwierk. Mäi Papp war e begeeschterten Hobbyschräiner, a mir haten d'Chance, e grousse Schräneratelier am Haus ze hunn. Do huet alles ugefaang, wéi ech Kand war.

Wat sinn Är rezent Projeten?

Am Moment sinn ech amgaangen, déi lescht Virbereedungen ze maache fir eng Ausstellung am H2O zu Déiferdeng. De Vernissage dovunner ass de 7. Februar. Dann ass och de Projet *De mains de Maîtres* immens wichtig, eng Ausstellung, déi wéi déi leschte Kéier géint Enn vum Joer am alen Arbedsgebai wäert sinn. Soss hunn ech och nach eng Ausstellung zu Bréissel virzebereeden.

Iwwer wéi ee Projet sidd Dir besonnesch houfreg?

Als aller Éischt ass de Grupp Sixthfloor eppes, wou ech immens houfreg drop sinn. Als Grupp hu mir et gepackt, 17 Joer laang mat der Konscht ze iwwerliewen. Ech sinn immens houfreg, datt mir vill Ausstellunge konnten organiséieren an eiser Hal zu Käerch.

Wou kann een sech iwwert Är Aktivitéiten informéieren?

Op www.sixthfloor.lu an op www.vandervlugtdesign.lu

Hutt Dir, hat Dir e Projet mat Bezug op d'Gemeng Waldbëlleg?

Ech war déi lescht sechs Joer aktiv an eiser Kulturkommissioun, an hunn an deem Kader dräi Workshops mat de Kanner vun der Primärschoul gemaach.

Wat gefält lech besonnesch un der Gemeng Waldbëlleg?

Virun allen Déngen d'Leit, déi hei wunnen. Meng Fra an ech si viru bal aacht Joer op Waldbëlleg geplënnert an hunn eng Gemeng kenne geléiert, déi immens fréndlech ass an aktiv. Fir eis zwee Kanner ass et herrlech, hei an der Natur ze sinn.

Interview: Maxime Bender

Fotoen: Wouter van der Vlugt



Déi éischt Ausstellung *De mains de Maîtres* war am Dezember 2016 am alen Arbedsgebai an der Neier Avenue an der Stad. Si gouf vun der Associatioun *De mains de Maîtres Luxembourg* an Zesummenaarbecht mat der Spuerkeess an der Chambre des Métiers organiséiert.

Et geet do drëm, d'Konschhandwierker aus dem Land ze valoriséieren an ze férderen. Fir nei Talenter ginn et Bourssen.

Dëst Joer soll erëm eng Ausstellung am Dezember sinn. Informatiounen: www.demainsdemaitres.lu


LUXEMBURGISCHE AUSDRÜCKE MIT GALLO-RÖMISCHEN WURZELN

In dieser Ausgabe des *De FUUSS* bringen wir eine kleine Auswahl von Ausdrücken in der luxemburgischen Sprache, deren Grundlagen in die gallo-römische Zeit von vor 2000 Jahren zurückreichen.

Es ist erstaunlich, dass in unserem beschränkten Lebensraum, mit einer Bevölkerung von nur wenigen hunderttausend Einwohnern, sich diese Begriffe erhalten und entwickeln konnten. Unsere Sprache kann mit Recht als eine lebendige betrachtet werden, in welcher viel Urtümliches im Wortschatz fest verankert ist.

Andererseits ist leider vieles in den letzten fünfzig Jahren aus unserer Nationalsprache verloren gegangen, weil es außer Gebrauch gekommen ist. Besonders der Wortschatz im bäuerlichen Milieu musste hierbei starke Einbußen erleiden. Dadurch, dass durch die Mechanisierung gewisse Gegenstände oder Werkzeuge nicht mehr benutzt und benötigt werden, ging ebenfalls ihre Bezeichnung verloren. Augenblicklich wird unsere Sprache, sogar von politischen Mandatsträgern, mit den skurilsten, unsinnigsten Anglizismen überhäuft und unterwandert. Die mit öffentlichen Steuergeldern reichlich bedachten kommerziellen Sender *Radio Lëtzebuerg* nebst *Télé Lëtzebuerg*, tragen ebenso nicht zum Erhalt des Luxemburgischen bei. Doch unsere Sprache, deren Ursprünge bis an die Anfänge der Geschichte reichen und die sich über zwei Jahrtausende behaupten konnte, wird wie in der Vergangenheit diese Krisen hoffentlich ebenfalls überleben.

Die nachfolgende Aufzählung stellt keinerlei Anspruch auf Vollständigkeit. Es handelt sich ebenfalls nicht um eine wissenschaftliche Bearbeitung, welche der Autor lieber ausgebildeten, kompetenten Fachleuten überlässt. Wir wollten mit diesem Beitrag eigentlich nur unseren Lesern einen Einblick in die Entwicklung eines Teiles unserer Landessprache geben.



© Damaris Pletschette

Lëtzebuergesch

afferen
Batteralsem (Batter + alsem)
Bidden
Bratzel
brosele
broselesch
brueden
dammen
eechen
Estrësch
ferm
Fimmel
Fierkel

fooschen

Grimmel
Guerjel
glott
Giifjen
Kelter
Kuest
Kueb
Koster
Krësch
Kuscht
Käffer
Kaul, Steekaul
Kräll
Stronk, Kabesstronk
Lammel, Lamell
Lanter
Lengent
Meesch
Merel, Märel
mëll
Mass
formen, Middel
Moul, Mull
Mullen, Moulen (Mz.)
Mësch, Karmësch
Mummes

Latein

offerre
aloxinum
butina
brittula
procellere
procellosus
prodere
damnare
(ex) aequare
astracum
firmus
femella
furca

fasciare

grumulus
gargellum
glutttus
gobius
calcatorium
cassanus
corvus
custor
crusca
crusta
caprio
caveola
corallium
truncus
lamella
lanterna
linamentum
mascula
merula
mollis
missa
modulare
mulctra
mulleus
muscio
nummus

Erklärung

opfern, spenden
Wermut, bitterer Tee
offene hölzerne Bütte aus Dauben
Schnittlauch
überhastet arbeiten
überhasten, stürmisch, ungestüm
etwas gewaltsam hin und her bewegen
stampfen, festtreten
Eichen, aus Eichenholz
Estrich, Dreschtenne
fest, sicher
weiblicher Hanf
Gabel mit zwei Zacken, Gabel am lenkbaren
Vorderwagen bei Leiterwagen
etwas mit weiten Stichen provisorisch zusam-
mennähen
Brosamen, Krume, Krümel
Schlund, Gurgel
wählerisch beim Essen sein
kleiner Süßwasserfisch (Gründling)
Kelter, Obstpresse
Eiche (chêne), alter Eichenbaum
Rabe
Küster, Wärter
Kleie, Mühlen-Nebenprodukt
Brotrinde, -kruste
Dachsparren
Grube, Steinbruch, -grube
Koralle, Glasperle (von) Halskette
Baumstumpf, Kohlwurzel
Erdklumpen der am Schuh klebt, kleine Klinge
Laterne
Leinen, Bettzeug
männlicher Hanf (ist größer als der weibliche)
Amsel
gar, weich
Messe in der Kirche
Kleidermodelle schneiden, formen
Backmulde
Handwärmere mit Däumling
Sperling, Spatz
viel Geld

Muussi	mussio	Katze
Päll, Schiel, Haut	pellis	Hülse, Schale
Panz	pantex	Wanst, Bauch (bei Tieren)
Päiperlek, Päipel	papilio	Schmetterling
Pëll	pullus	junges Huhn, Hühnchen
Pëlpes	pullipes	Hahnenfuß (Unkraut)
Pätter	patrinus	Pate
Pidem	pedinus	Weberkamm
Pesch, Päsch	pascuum, paricus	Eingezäunte Weide
Pinnen	pinna	Schuhnägel zum Nageln der Schuhsohlen
Pautsch	pustula	Pustel
Promm	prunum	Pflaume
Pupes	pubes	Gesäß
Réip, Rommel	rapa	Rübe
riischt	rectus	gerade
Raut	ruta	Fensterscheibe
Rimm	remus	Riemen
Rondel	rotundulus	(Metall-)Scheibe, Kreis
ronken	ronchare	schnarchen
Schatter, Schuwer	scatus, scatta	Schuppen der Kopfhaut
Schossel	scutella	Schüssel
Schuep	scrobis	winkeliger Riss an Kleidung
Siester	sextarius, 1/6	Sester (Hohlmaß 20 l.)
Spéngel, Nol	spinula	Nadel
Speis	expensa	Mörtel
Sprëntzen	spica	Ährengrannen bei Gerste, Roggen
tierkelen	extorculare	stolpern
Spëndchen	dispenda	Vorratsraum neben der Küche
Sprënz	sporta	Fischgräte
Sputt	spatium	Zwischenraum
Strack	stroppus	gedrehter Strick
tiermen	terminare	über etwas ständig nachdenken
Traufel	truella	Maurerkelle
Träipen	trippa	Därme, Blutwurst
tuppesch	tepidus	heiß, warm
Wann	vannus	Getreideschwinge zur Trennung von Spreu und Körnern
uscheren	oscitare, oscere	vor Schmerz zucken, jammern
Widdfra	vidua	Witwe
zillen	conciliare	züchten, aufziehen



WOU ASS DAT ?


All dës Fotoe sinn an eiser Gemeng gemaach ginn, vum Pierre Haas.

Wou ass dat, a wat kënnt Dir eis iwwert déi Plaze soen ?

Schreift eis op fuuss@waldbillig.lu mam Stéchwuert Wou ass dat ?

Fir déi beschten Äntwert gëtt et eng Iwwerraschung!





4



5



6

JORESVERSAMMLUNG VUN DER EEA ZU KLIERF

2017 huet d'Organisatioun European Energy Award (EEA) hir Joresversammlung den 20. an 21. November zu Clierf ofgehal.



Méi ewéi 200 Gemengevertrieder aus ganz Europa hunn dorun deelgeholl. Thematesch Visiten hunn et erlaabt ze weisen, datt et zu Lëtzebuerg eng Partie Mesuren a Projeten an deene Beräicher gëtt. Konferenzen a Workshopen hunn iwver Themen ewéi d'Qualitéit vun der Loft, d'Kreeslafwirtschaft, an d'Abanne vun der Bevölkerung informéiert.

D'Gemeng Waldbëlleg partizipéiert jo och um Klimapakt an hat 2016 hiren éischten Audit duerch d'EEA. Si krut confirméiert, datt déi zweet vun dräi méigleche Stufen am Klimapakt erreecht ass. Fir déi lëscht Stuf ze erreichen, ass e relativ laange Wee. Dat ass en Zil, mee et wäert nach eng Weilche bis dohinner dauerent.





D'EEA reggruppéiert aacht europäesch Länner, dorënner Däitschland, Frankräich, a Lëtzebuerg als eenzege BENELUX-Vertrieber. D'EEA versteet sech als Beroder vun de Gemengen fir d'Mesuren zugonschte vum Klima. Eng 1500 Gemenge maachen do mat. D'EEA liwwert d'Outilen an d'Zertifikatioun fir de Klimapakt.

Zu Clierf op der Assemblée générale vun der EEA gouf de Lëtzebuerger Camille Gira als President gewielt, deen domat de Schwäizer Walter Steinmann ofléist. De Camille Gira huet annoncéiert, datt e wëllt d'Zesummenaarbecht mat der europäescher Kommissioun virundreiwen.

D'Gemeng Waldbëlleg Gemeng war zu Klierf duerch hiren Ingénieur Filipe Soares vertrueden.

Marc Barthélémy



DEN DAG VUM BAM 2017

Fir den Nationalen Dag vum Bam 2017 haten den Naturpark Mëllerdall an de Schäffen- a Gemengerot vu Waldbëlleg den 11. November 2017 op d'Uplanzung vun 12 Spierebeem zu Haler invitéiert. Agelueden waren d'Gemengen aus dem Naturpark Mëllerdall.



De Rendez-vous war bei der Sportshal zu Waldbëlleg. Vun do aus ass et mam Bus op Haler gaang.

Voller Begeeschterung sinn d'Participante zu Fouss op de Site getréppelt, an der Rue des Romains op de Seitert erop, net wäit vum neie Waasserbaseng.

De Péitrus hat fir eng gutt Hydratioun vum Terrain gesurgt, an esou konnte séier déi néideg Lächer gegruewen an d'Beem dra gesat ginn.

Dëst Joer goufe Spierebeem geplantz. De Spierebamm (*Sorbus domestica*, Speirling, Cormier) gläicht vun der Schuel hier engem Birebam. E kann iwwer 20 Meter héich ginn, bleift awer meeeschteens vill méi kleng. D'Friichte gesinn aus ewéi kleng Äppel oder Biren, déi 2



Gemengerot

bis 4 Zentimeter grouss ginn; si gi gäre vu ville Vigel an och vu Mamendéieren ewéi dem Dachs gefriess.

De Spierebam ass seelen; zu Lëtzebuerg ginn et eng 100 Exemplaren. Dofir ass en 2017 fir den Dag vum Bam ausgewielt ginn.

Wéi schonns dat Joer virdrun, huet jiddwer Gemeng hire Bam geplantzt. Un all Bam koum eng Plack mam Numm vun der Gemeng.

No der Uplanzung huet d'Gemeng Waldbëlleg e waarmt Mëttegiessen offréiert.



Claude Thomé

INFORMATIOUNE FIR DE BIERGER

D'GEMENG

D'Gemengenhaus ass am *Hentgesbau*,
1, rue André Hentges L-7680 Waldbëlleg

D'Gemeng ass op:

- méindes bis freides, vu 7h30 bis 12h,
- dënschdes mëttes vun 13h30 bis 17h,
- donneschdes mëttes vun 13h30 bis 19h.

Telefon:

- Recette 83 72 87 23, recette@waldbillig.lu
- Sekretariat 83 72 87 22, secretariat@waldbillig.lu
- Populatioun 83 72 87 21, gemeng@waldbillig.lu
- Bauten 83 72 87 27, batisse@waldbillig.lu

DE FUUSS

Dräimol d'Joer kënnt de Gemengebuet, *De FUUSS* eraus, deen iwwert d'Gemeng an Ëmgéigend informéiert. *De FUUSS* gëtt un all Boîte an der Gemeng verdeelt.

Wien net (méi) an der Gemeng wunnt, dee kann *De FUUSS* bestellen um Sekretariat vun der Gemeng a kritt e geschéckt.

Wien interesséiert ass, dorunner matzeschaffen, soll w.e.g. eng Mail schécken: fuuss@waldbillig.lu

OFFALL

All Datumer an Informatiounen iwwert d'Ewechhuele vun den Déchete stinn um Offallkallenner vun der Gemeng, deen am Dezember fir dat ganzt Joer drop opgestallt an all Boîte verdeelt gëtt. Op der Gemeng kritt een eng Kopie dovun, oder op www.waldbillig.lu

D'Poubellen an d'Biotonnen ginn all Dënsdeg eidel gemaach.

- D'Poubellë ginn et an de Gréissten 40 Liter, 60 Liter, 80 Liter, 120 Liter.
- Et kann een eng Biotonn vu 40 Liter oder 80 Liter kréien.

INFORMATIONS UTILES

L'ADMINISTRATION COMMUNALE

L'administration communale se situe dans la Maison communale, appelée *Hentgesbau*, rue André Hentges L-7680 Waldbillig.

Horaires :

- du lundi au vendredi, de 7h30 à 12h,
- mardi après-midi, de 13h30 à 17h,
- jeudi après-midi, de 13h30 à 19h.

Téléphone :

- recette 83 72 87 23, recette@waldbillig.lu
- secrétariat 83 72 87 22, secretariat@waldbillig.lu
- population 83 72 87 21, gemeng@waldbillig.lu
- bâtiesse 83 72 87 27, batisse@waldbillig.lu

DE FUUSS (le renard)

De FUUSS est le bulletin communal qui paraît trois fois par an. Il est distribué à tous les ménages de la commune et renseigne sur la commune et les environs.

Quiconque n'habite plus dans la commune de Waldbillig, peut se faire envoyer le bulletin à son adresse.

Tout le monde peut collaborer à la rédaction du *FUUSS*. Contact : fuuss@waldbillig.lu

DÉCHETS

Toutes les informations relatives à l'enlèvement des déchets ménagers sont fournies par le calendrier des collectes de déchets, distribué en début d'année à tous les ménages. Le calendrier est disponible sur www.waldbillig.lu

Les poubelles pour les déchets ménagers et celles pour les déchets bios sont enlevées les mardis.

- Les poubelles pour les déchets ménagers contiennent 40 litres, 60 litres, 80 litres ou 120 litres.
- Les poubelles pour les déchets bios contiennent 40 litres ou 80 litres.

Les vieux papiers et les verres sont enlevés tous les quinze jours, dans des bacs mis à la disposition des ménages.

Glas a Pabeier ka jiddwereen an extra Këschte samme-
len. Déi kritt een op der Gemeng, a si gi virun all Haus
all 14 Deeg eidel gemaach.

Blo Tuten: Eng Partie recyclabel Verpakungen gi mat
de bloen Tute vun der Valorlux all 14 Deeg virun all
Haus agesammelt. Déi Tute ginn et op der Gemeng;
den Dépliant iwwert déi Verpakungen, déi een däerf do
dra leeën, kënnnt regelméisseg an d'Haus. E steet och op
<http://valorlux.lu>

D'Superdreckskëscht fiert regelméisseg duerch
d'Gemeng, fir toxesch Décheten ze sammelen.
D'Informationounen dorriwwer stinn um Kalenner an op
www.sdk.lu.

De Kalenner gëtt och en Datum un, wou **al Kleeder**
gesammelt ginn.

Fir **Schrott an elektresch Apparate** kann een op der
Gemeng e Rendez-vous froen, datt se ewech geholl
ginn.

Fir **Gaardenoffäll** gëtt et en Dépôt bei Waldbëlleg, nieft
der Strooss, déi laanscht d'Schoul op Freckeisen erop
geet.

Recyclingcenter Jonglënster: Dofir brauch een eng
Kaart, déi all Bierger vu Waldbëlleg vun der Gemeng
geschéckt kritt.

Den Center ass zu Jonglënster, beim Rondpoint uewe
bei den Antennen. Et kann een do Décheten aus dem
privaten Haushalt oflueden, è. a. Sperrmüll, Kartonen,
Eeërkartonen, Stëpp, Holz, all Zorte Plastik (zortéiert no
de Plastiknummern 1 fir PET, 5 fir PP, 6 fir PS), Sonder-
müll.

Informationounen op www.rcjunglinster.lu

TRANSPORT

BUSLINNEN

Horaires op www.mobiliteit.lu

D'Buslinn 107 Beaufort-Lëtzebuerg hält zu Haler, zu
Waldbëlleg an zu Chréschtnech. Si fiert iwwer Jonglënster
neierdengs bis op de Kierchbierg, wou een an den
Tram émklémmt. Si fiert an der Woch vu moies 6 his
owes hallwer 11.

De **Bus 108** fiert wiertes e puermol vum Mëllerdall déi
eng Säit op de Grondhaff an déi aner Säit op d'Schanz
(Altréier).

Les **emballages recyclables** sont enlevés tous les quinze
jours dans des sacs bleus, à obtenir à la commune. Infor-
mations : <http://valorlux.lu>

Les **déchets toxiques** sont colligés par la Superdrecks-
këscht, aux dates indiquées par le calendrier,
et sur www.sdk.lu.

Le calendrier indique les dates pour la collecte de **vieux
vêtements**.

Pour la **ferraille** et les **appareils électriques et électro-
niques**, on peut demander à l'administration communale
de les faire enlever sur rendez-vous.

Les **déchets de jardin** (terre, herbe, feuilles, arbustes) sont
à mettre au dépôt aménagé à cet effet, à proximité de
Waldbillig sur la petite route partant du centre scolaire et
menant au Freckeisen.

Des **détritus de toutes sortes**, cartons, bois, bouchons,
plastiques (PET, PP, PS) peuvent être déposés au **centre
de recyclage à Junglinster**. L'accès se fait avec une carte
électronique fourni à tout habitant de la Commune de
Waldbillig. Renseignements : www.rcjunglinster.lu

TRANSPORTS

LIGNES DE BUS

Les horaires se trouvent sur le site: www.mobiliteit.lu

Les lignes touchant le territoire de la commune de Waldbil-
lig sont les suivantes:

bus 107 : de Beaufort à Luxembourg par Haller, Waldbillig
et Christnach, via Junglinster au terminal du tram à Kirch-
berg. Ensemaine de 6h à 22h30.

bus 108 : plusieurs fois par jour de Mullerthal au Grund-
hof et à Altrier ;

De **Bus 414** fiert aachtmol wiertes vun Haler, Waldbëlleg a Chrëschtnech op Beefort an lechternach.

De **Bus 416** fiert véiermol wiertes vu Waldbëlleg a Chrëschtnech iwwert Konsdref op lechternach an iwwert d'Fiels op Miersch.

De **Bus 470** fiert wiertes all Stonn vum Méller dall, vu Waldbëlleg a Chrëschtnech op Konsdref an op d'Schanz (Altréier).

De **Bus 504** fiert wiertes all Stonn vun Haler, Waldbëlleg a Chrëschtnech iwwer d'Fiels, Miedernach a Steeën op Ettelbréck.

De **Bus 848** fiert moies ganz fréi, mëttes an owes iwwer Miedernach a Cruuchten op Colmar an hannescht.

DE BUMMELBUS

De Bummelbus ass en Transportservice op Demande vum Forum de l'emploi, vun deem d'Awunner aus verschidde Gemenge kënne profitéieren, dorënner och déi vu Waldbëlleg.

De Bummelbus féiert lech op Rendez-vous an d'Ëmgéigend a bréngt lech heem. Je no Distanz kascht dat 2 bis 7 Euro fir ee Wee. De Bummelbus fiert an der Woch vu 6h30 bis 21h15, samsdes bis 17h15.

De Rendez-vous muss 24 Stonnen am Viraus gebucht ginn, um Telefon 26 80 35 80 an de Bureausäite vun 8 bis 18h, oder iwwer E-Mail bummelbus@fpe.lu.

De Bummelbus ass nomëttes meeschters ausgebucht, wann d'Schoukkanner an hir Fräizäitaktivitéité gefouert ginn. Faarten déi Zäit sinn dacks net méiglech an et muss ee flexibel sinn.

DEN NIGHTRIDER

Den Nightrider fiert am ganze Land, freides a samsches vun 18h bis den anere Moien um 5h. Et bucht een de Nightrider am Viraus, ewéi en Taxi.

Fir d'Bierger an der Gemeng Waldbëlleg zielen déi heite Virdeeler, wa si sech en Nightrider-Abo op der Gemeng kafen:

- Abo fir Jugendlecher: 25 Euro d'Joer fir all Faarten (en Aller-retour zielt als eng Faart).
- Abo fir Erwuessener: 100 Euro d'Joer fir bis zu zwielef Faarten.

bus 414 : huit fois par jour de Haller, Waldbillig et Christnach vers Beaufort et Echternach ;

bus 416 : quatre fois par jour de Waldbillig et Christnach vers Consdorf et Beaufort, ainsi que vers Larochette et Mersch ;

bus 470 : toutes les heures en semaine de Waldbillig et Christnach vers Consdorf et vers Altrier ;

bus 504 : toutes les heures en semaine de Haller, Waldbillig et Christnach vers Larochette, Medernach, Stegen et Ettelbrück ;

bus 848 : tôt le matin, à midi et le soir, vers Medernach, Cruuchten et Colmar, et retour.

LE BUMMELBUS

Le Bummelbus est un service de transport sur demande. Il est offert aux habitants de Waldbillig comme à ceux d'un certain nombre de communes du Nord du pays.

Sur rendez-vous, le Bummelbus rejoint des destinées de la région. Le prix varie selon la distance de 2 à 7 euros. Les horaires de ce bus sont de 6h30 à 21h15 en semaine, jusqu'à 17h15 le samedi.

Il faut réserver au moins 24h heures à l'avance. Les après-midi il est le plus souvent difficile de faire une réservation à courte échéance vu que les bus sont pris d'assaut par les enfants partant pour leurs activités extrascolaires.

Réservation au téléphone 26 80 35 80 entre 8h00 et 18h00 du lundi au vendredi, ou par courriel: bummelbus@fpe.lu.

LE NIGHTRIDER

Le Nightrider dessert tout le pays le vendredi et le samedi soir de 18h au lendemain matin à 5h. Il est réservé à l'avance comme un taxi.

Les habitants de la Commune de Waldbillig bénéficient des conditions avantageuses suivantes en achetant un abonnement à la maison communale:

- abonnement pour jeunes jusqu'à 25 ans compris : 25 euros par année, avec un nombre illimité de courses ;
- abonnement pour adultes : 100 euros par année, pour 12 courses.

BRAUCHT DIR HËLLEF?

URGENCE

- Accidenter ouni Blesséierten: Telefon 113, Police
- Accidenter mat Blesséierten: Telefon 112, Ambulanz
- www.112.lu: Spideeler an Apdikten, déi Garde hunn

MEDIZINESCH SERVICER, HËLLEF DOHEEM

Maison médicale du Nord, 110, avenue Lucien Salentiny, Ettelbruck: Do ass en Dokter, vun 20h owes bis Mëtternuecht, an de Weekend vu 7h moies bis Mëtternuecht. No Mëtternuecht muss een den 112 uruffen.

Dispensaire Larochette, 29, chemin J.A. Zinnen, Larochette.

De Büro ass besat vu méindes bis freides tëschend 7h30 a 16h30. Telefon: 40 20 80 34 00.

- Bluttanalyse vu méindes bis freides moies tëschend 7 an 11 Auer, Sprëtzen a Verbänn op Rendez-vous
- Fleeg doheem mat der Associatioun Hëllef doheem.

DÉFIBRILLATEUR

En Défibrillateur hänkt:

- **zu Waldbëlle**: virun der Gemeng a virum Pompjeesbau
- **zu Chrëschtnech**: virun der Kierch
- **zu Haler**: virun der Schoul vum Précoce
- **am Mëllerdall**: virun der Millen

Am Fall vun engem Arrêt cardiaque (Herzstillstand) ass séier Hëllef immens wichteg. Et soll een do fir d'éischt den 112 ruffen, dann d'Häerz 120 Mol pro Minutt maséieren a waméiglech en Défibrillateur asetzen. Deem säi Gebrauch ass um Apparat beschriwwen a ganz einfach.

EN CAS DE BESOIN

URGENCES

- accident sans blessés : téléphoner au 113, Police,
- accident avec blessés : téléphoner au 112, ambulance
- www.112.lu: hôpitaux et pharmacies de garde

SERVICES MÉDICAUX ET PARAMÉDICAUX

Maison médicale du Nord, 110, avenue Lucien Salentiny, Ettelbruck:

Il y a un médecin en permanence, de 20h à minuit en semaine, de 7h du matin à minuit les samedis et dimanches et jours de fête. Après minuit, il faut appeler le 112.

Dispensaire à Larochette, 29, chemin J.A. Zinnen, Larochette.

Horaires de bureau: de 7h30 à 16h30 du lundi au vendredi. Téléphone : 40 20 80 34 00.

- analyses sanguines, de 7h00 a 16h30 du lundi au vendredi
- pansements et bandages sur rendez-vous
- Aide au domicile avec l'association Hëllef doheem.

DÉFIBRILLATEUR

Un défibrillateur se trouve

- à **Waldbillig** : devant la Maison communale et devant le hall des pompiers
- à **Christnach** : devant l'église
- à **Haller** : devant l'école du précoce
- au **Mullerthal** : devant le restaurarnt

En cas d'arrêt cardiaque, il est de toute première importance que les personnes présentes agissent rapidement, en appelant d'abord le 112, en procédant ensuite à un massage cardiaque avec une fréquence de 120 mouvements par minute et en recourant si possible à un défibrillateur. L'utilisation de ce défibrillateur est expliquée sur l'appareil ; elle est à la portée de tout un chacun.

SOZIAL HËLLEF

- Office social, 25, chemin J.A.Zinnen L-7626 Larochette (Op der Gare). Et ass op méindes bis freides vun 9 bis 16h45. Telefon: 26 87 00 23

PROBLEMER MAT DER NOPERSCHAFT

- Service de médiation sociale. Dëse Service ass gratis, Telefon: 80 02 38 83.

HEINZELMÄNNERCHER

Eeler Bierger vu 60 Joer un aus der Gemeng Waldbëlleg kënne vum Service D'Heinzelmännercher vum CIGR Mëllerdall profitéieren.

Op Rendez-vous ginn do Aarbechten doheem erleedt, zu engem gënschtegegen Tarif: 10 Euro d'Stonn pro Heinzelmännchen plus 2,5 Euro d'Stonn pro Maschinn.

Déi heiten Aarbechte kënne gemaach ginn:

- kleng Reparaturen ewéi Rolluede flécken, Schlässer ersetzen, verstoppte Kanalréier opmaachen, e Krunn flécken,
- Wiss méien, Uebstbeem schneiden, Hecke schneiden,
- Schnéi schéppen, Blieder ewechraumen,
- e Graf an d'Rei setzen ...

Telefon: 26 78 46 24, E-Mail: mellerdall@cig.lu

CLUB SENIOR AN DER LOUPESCHT

De Club Senior, mat Sëtz zu Beidler an der aler Schoul, bitt mat engem variéierte Programm eng Plaz un, wou d'Matbierger aus der Regioun vu 50 Joer u sech kënne begéinen an austauschen. De Club Senior huet de speziellen Optrag fir den intergenerationalen Austausch ze férderen.

Duerch d'Zesummenaarbecht mat de Gemenge Bech, Betzder, Konsdrëf, Jonglënster a Waldbëlleg huet de Club Senior e regionale Charakter an énnerstëtzzt den Zesummenhalt vun de Bierger aus der Regioun. D'Aktivitéite gi bekannt gemaach duerch eng Brochure déi regelméisseg un all Haushalt verdeelt gétt.

AIDE SOCIALE

- Office social, 25, chemin J.A.Zinnen L-7626 Larochette (ancienne gare). Horaires: de 9h00 à 16h45 du lundi au vendredi; téléphone : 26 87 00 23

PROBLÈMES DE VOISINAGE

- Service de médiation sociale, au téléphone 80 02 38 83. Ce service est gratuit.

HEINZELMÄNNERCHER (les lutins)

Les habitants de la commune âgés de 60 ans au moins peuvent recourir à ce service offert par le CIGR (Centre d'initiative et de gestion régional) Mullerthal.

Des travaux au domicile sont effectués à un tarif avantageux, de 10 euros l'heure par personne, plus 2,5 euros l'heure par machine.

Il s'agit des travaux suivants :

- déblayage de la neige, salage, ramassage des feuilles mortes, taille des haies, plantations, débroussaillage ;
- nettoyage haute pression à l'extérieur, préparation de la terre (fraise, motoculteur) ;
- plantation du potager, entretien de la pelouse ;
- garde de la maison pendant les vacances ;
- interventions en sanitaire, travaux de bricolage, petites rénovations.

Téléphone : 26 78 46 24, courriel : mellerdall@cig.lu

CLUB SENIOR AN DER LOUPESCHT

Le Club Senior An der Loupescht a pour objectif de proposer des activités de loisirs, sportives, culturelles, de santé à des personnes actives de 50 ans et plus des communes de Bech, Betzdorf, Consdorf, Junglinster et Waldbillig. L'accent dans ce club senior est mis sur le lien de l'intergénérationnalité. Les membres se retrouvent à Beidler dans l'ancienne école

Les Clubs Seniors sont des centres de rencontre pour les personnes âgées de 50 ans ou plus, qui offrent un éventail d'activités dans les domaines les plus divers.

Aschreiwunge fir un den Aktivitéiten deelzehuelen kann ee maache per Mail un d'Adress club-loupescht@croix-rouge.lu, direkt op der Adress 1, rue de l'école zu Beidweiler oder iwwer Telefon 2755-3395.
De Büro ass wiertes op vun 8h30 bis 12h30.

MAISON RELAIS A SCHOUL

D'Primärschoul, also d'Cyclen 2, 3 a 4 vun der Grond-schoul, sinn am Schoul- a Sportzenter Michel Rodange baussent Waldbëlleg, de Préscolaire ass am Zentrum vu Waldbëlleg bei der Gemeng an de Précoce ass zu Haler.

D'Maison relais ass am Zenter Michel Rodange an hëlt Kanner vun 18 Méint un op. D'Maison relais fonctionnéiert 49 Wochen am Joer, vu 7h00 bis 18h30.

Et gëtt do fir d'Kanner gekacht. Et gi vill Activitéiten ubebueden an och Hëlfel fir d'Hausaufgaben aus der Primärschoul, eng Stonn vu méindes bis donneeschdes. Déi kleng Kanner, déi nach net an d'Schoul ginn, kënne ganz Deeg an d'Maison relais kommen, oder just pro Plage. Wann se an de Précoce ginn, kënne se mam Bus vun der Schoul an d'Maison relais fueren.

Maison relais: Telefon 87 88 46 40,
E-mail: maisonrelais.waldbillig@ecole.lu.

All Informatiounen iwwert d'Maison relais an d'Grondschoul stinn am Schoulbuet, dee virun all Schoulufank am September un d'Eltere verschéckt gëtt an um Site www.waldbillig.lu steet.

GEFUNDEN:



Tel: 83 72 87 22

Contact :

- adresse électronique : club-loupescht@croix-rouge.lu,
- adresse postale : 1, rue de l'École zu Beidweiler
- téléphone 2755-3395. Horaires du bureau : de 8h30 à 12h30 du lundi au vendredi.

MAISON RELAIS ET ÉCOLE FONDAMENTALE

L'enseignement primaire, c.-à-d. les cycles 2, 3 et 4 de l'école fondamentale, se trouvent au centre scolaire et sportif Michel Rodange, aux confins du village de Waldbillig. Le préscolaire est rassemblé au centre de Waldbillig, non loin de la maison communale; le précoce se trouve à Haller.

La maison relais se trouve au centre Michel-Rodange, elle accueille les enfants âgés d'au moins 18 mois. La maison relais est ouverte en semaine de 7h00 à 18h30, annuellement pendant 49 semaines.

Les enfants non encore scolarisés peuvent intégrer la maison relais soit pendant toute la journée soit par plages horaires. S'ils sont scolarisés au précoce à Haller, ils peuvent rejoindre la maison relais par bus.

Téléphone : 87 88 46 40,

Adresse électronique: maisonrelais.waldbillig@ecole.lu.

Les informations concernant la Maison relais et l'école fondamentale de Waldbillig sont rassemblées dans le Schoulbuet, le bulletin scolaire, distribué en septembre aux parents d'élèves et disponible sur www.waldbillig.lu

OBJETS TROUVÉS

D'BUCH IWWERT DE MICHEL RODANGE A SENG HEEMECHTSGEMENG

Fir den 190. Gebuertsdag vum Nannetsméchel huet d'Gemeng Waldbëlleg e Buch erausbruecht: De Michel Rodange a seng Heemechtsgemeng Waldbëlleg.

Vun de 750 Exemplairen sinn der iwwer 500 kaft ginn. Et sinn der nach émmer ze kréien!

D'Buch kritt een op der Gemeng zu Waldbëlleg. Et kascht 40 Euro.

Wat steet am Buch dran?

De Michel Rodange gëtt virgestallt mat sengem Liewen a Wierk.

Dat gëtt an de Kontext gesat vun der politescher Situatioun vu Lëtzebuerg am 19. Jorhonnert, déi ganz beweegt war an de Michel Rodange wéi wuel all Lëtzebuerger staark interesséiert a beonrouegt huet, virun allem, wéi den hollännesche Kinnek-Groussherzog wollt Lëtzebuerg un de franséische Keeser Napoleon den Drëtten verschacheren. Eist Land hat et just dem Bismarck ze verdanken, datt et net definitiv franséisch gouf!

Am Buch si Reportagen dran iwwert d'Michel-Rodange-Feieren zu Waldbëlleg, vun 1926, vun 1951, vun 1977 a vun 2002.


D'Gemeng Waldbëlleg gëtt ausféierlech presentéiert, mat all den Uertschaften a ville Plazen aus der Gemeng.

Da ginn déi Texter ofgedréckt an ausféierlech kommentéiert, an deenen de Michel Rodange iwwer Waldbëlleg an de Mëllerdall geschriwwen huet. Am Renert kommen d'Dierfer aus der Gemeng an eng Partie Plaza vir, d'Hiergerbuerg, den Haarthaff, de Jomerdall ...

Den Albert Rodange gëtt virgestallt, de Fils vum Michel Rodange, deen als Chefingenieur vun der Stad Lëtzebuerg d'Pläng fir déi Nei Bréck an der Stad gezeichnet hat.

D'Buch vun 310 Säiten ass publizéiert an enger Série limitée vu 750 Exemplairen, mat engem haarden Deckel a Jacquette. D'Texter sinn op Lëtzebuergesch an op Däitsch.

Marc Barthelemy



Pierre Haas

ENG BICHERSAIL VIRUN DER GEMENG

Virun der Gemeng steet d'Bichersail. Si huet d'Form vun enger Telefonskabinn.

Si gouf den 8. Juli vum Premier- a Kulturminister Xavier Bettel ageweit, zesumme mam Buergermeeschter Jean-Luc Schleich, am Kader vun der offizieller Feier fir den 190. Gebuertsdag vum Michel Rodange.

Wéi fonctionnéiert eis Bichersail?

Et ass ganz einfach: Jiddwereen dierf sech zu jiddwer Zäit e Buch oder Bicher eraushuelen a mat heem huelen. Et kann een d'Bicher halen oder hanneschtbréngen.

Kanner sollen net eleng do auswiel- len, well d'Bicher net drop gepréift sinn, datt se fir Kanner gëeegent sinn.

Jiddwereen dierf och Bicher drastellen, esou laang Plaz ass. Et solle wan- nechglift just Bicher a guddem Zou- stand sinn, an d'Ihalter manéierlech an net extremistesch sinn.

D'Nationalbliothéik huet eng Partie Bicher gestëft. Wann also dee Stem- pel an engem Buch dran ass, dann ass dat OK an et huet net einfach een e geléintent Buch net dohinner erëmgin.

Vill Spaass beim Sichen a Liesen !



Pierre Haas



Filipe Soares

WAT ASS LASS? REGIONAL HIGHLIGHTS

Donneschdeg 22. Februar
Maart an der Fiels

Dënsdeg 27. Februar am CNL (Nationale Literaturzenter) zu Miersch, um 19h30
Lëtzebuergescht Getierkels, een Duett Guy Rewenig a Samuel Hamen

Freideg 2. Maerz am Trifolion, um 20h
Concert Es ist, was es ist. Nach Erich Fried. Vum Shlomit Bulbul & Ensemble Fadunjo

Samsdeg 3. Mäerz am Marscherwald, vun 8h30 bis 16h30
De richtegen Ämgang mat der Motorsee.
Tel. Naturpark Mëllerdall: 2687 8291 1

Dënsdeg 6. Mäerz am CNL zu Miersch, um 19h30
Konferenz Edmond Dune mam Frank Wilhelm

Mëttwoch 7. Maerz, 20h am CAPE
De Quatuor Arod spilt Bach, Attahir a Mendelssohn Bartholdy

Samsdeg 10. Mäerz, 20h am Trifolion
Operette trifft Klassik. Deutsche Radio Philharmonie Saarbrücken Kaiserslautern

Samsdeg 10. Mäerz zu Hiefenech, vu 14h bis 17h
Al Uebstbeem richteg schneiden
Tel. Naturpark Mëllerdall: 26 87 82 91-1

Donneschdeg 15. Mäerz am Trifolion, um 20h
Reinhold Messner

Mëttwoch 7. Maerz zu Häerber, um 19h
Wat ass eng gutt Drëpp?
Tel. Naturpark Mëllerdall: 26 87 82 91-1

Donneschdeg 22. Mäerz am Trifolion, um 20h
Chœur de Chambre Luxembourg

Freideg 23. Mäerz am CAPE, um 20h
OPL Brass Ensemble

Sonndeg 25. Mäerz am Aquatower zu Bäerdref, um 10h30
Kannerliesung
Tel: 22 67 84 00-5

Sonndeg 25. Mäerz am Trifolion, vu 15h bis 18h
Thé dansant

Méindeg 26. Mäerz am CNL zu Miersch, um 19h30
Rede zum Theater vum Daniel Dumont,
dee virun der Uropfierung vu sengem Stéck Splittergeschichte doriwwer schwätz

Mëttwoch 28. Mäerz am CAPE, um 20h
Piano an Cello vu Laureate vum Concours Reine Elisabeth 2017

Ouschterméinden 2. Abrëll
Maart an der Fiels

Mëttwoch 4. Abrëll am Trifolion, um 20h
Die Mönche des Shaolin Kung-Fu

Samsdeg 14. Abrëll am Little Woodstock zu lernzen, um 21h30

The Odd Blues Reunion

Samsdeg 21. Abrëll zu Beefort, um 13h30
Fotoworkshop: Steen a Waasser
Tel. Naturpark Mëllerdall: 26 87 82 91-1

Samsdeg 21. Abrëll an der Fiels, um 14h
Wanderung vun de Fielser Fielsen bis bei dat eelste Kräiz
Tel. Naturpark Mëllerdall: 26 87 82 91-1

Samsdeg 21. Abrëll am Trifolion, um 20h
Ute Lemper - Last Tango in Berlin

Donneschdeg 26. Abrëll am CAPE, um 20h
Luxembourg Jazz Orchestra

Samsdeg 28. Abrëll am Trifolion, um 16h
Lauras Stern - Das Musical

Sonndeg 29. Abrëll an der Fiels
Marche populaire
Départ am Centre culturel vu 7h bis 14h

Freides 4. Mee am CAPE, um 20h30
Pit Dahm & Friends
Jazz an Improvisatioun

Samsdeg 5. Mee
Blummemaart an der Fiels

Samsdeg 5. Mee an der Miedernacher Sportshal,
um 14h
Holzstee

Sonndeg 6 Mee
Marche de l'Armée
départ: Dikrech

Mëttwoch 9. Mee am CAPE, um 20h
Musical Hair

Donneschdeg 10. Mee am Marscherwald, um 18h00
Mam Fierschter um Hochsitz
Tel. Naturpark Mëllerdall: 26 87 82 91-1

Samsdeg 12. Mee am Little Woodstock zu lernzen,
um 21h30
Benoît Martiny Band

Mëttwoch 16. Mee am CAPE, um 20h
Marivaux - La dispute.
Théâtre national du Luxembourg

Mëttwoch 16. Mee am CAPE, um 20h
In Memoriam Astor Piazzolla.
Duo Gitar a Bandoneon

Samsdeg 19. Mee am Little Woodstock zu lernzen,
um 21h30
Soul Cookies

Päischtdénschdeg 22. Mee:
Sprangprässessioun zu lechternach

Samsdeg 26. Mee zu Bäerdref, vun 9h bis 17h
Xylophonbaucours 1. Deel
Tel. Naturpark Mëllerdall: 26 87 82 91-1

Dénschdeg 29. Mee am Trifolion, um 20h
Virtrag vun der Germaine Goetzinger
Déi éischt lechternacher Festspiller vun 1935.
Mat Musek vum André Mergenthaler

Concerde ginn et èmmer samsdes
am **Little Woodstock** zu lernzen um
21h30, a mëttwochs an der **Lënster
Stuff** zu Jonglënster.

D'**Beeforter Äispist** ass nach op bis
de 4. Mäerz. Méindes ass zou, dëns-
des op vun 13h bis 18h, mëttwochs bis
freides vun 13h bis 19h, samsdes vun
11h bis 19h, sonndes vun 10h bis 19h.

D'**Beeforter Piscine** mécht Enn Mee
op.

Um **Wassertuerm zu Bäerdref** huet
een eng schéi Vue, a bannen ass eng
interessant Ausstellung iwwer
d'Waasser. Am Mäerz ass sonndes op
vu 14h bis 17h, am Abrëll a Mee all
Dag ausser méindes vu 14h bis 18h.

Déi **mëttelalterlech Buerg an
d'Renaissanceschlass zu Beaufort**
sinn op vum 24. Mäerz un, vu 9h bis
18h.

D'**Schlass an der Fiels** ass op vun
Ouschteren un, all Dag vun 9h bis 18h.

WAT ASS LASS AN DER GEMENG WALDBËLLEG AM MÄERZ, AM ABRËLL AN AM MEE

Sonndeg, de 25. Februar an der Cafeteria vun der Sportshal, vu 12h bis 18h

Kaffi, Kuch a Kniddelen vun der Waldbëlleger Musek

Den 1. Abrëll 2018 ass Ouschtersonndeg. Haha - et ass kee Witz!

Samsdeg, de 7. Abrëll

Grouss Botz

Samsdeg, de 14. Abrëll

am Dag Indiaka-Tournoi an der Sportshal an owes Knëppelbal mam DJ Al am Hangar.

Org. Club des Jeunes

Sonndeg, de 15. Abrëll 2018 an der Porkierch

Waldbëlle, um 17h

en Uergel-Récital mam Pater Thomas Möller vun Düsseldorf

Org: Uergelfrënn

Samsdeg, den 28. Abrëll

Journée du grand âge

Samsdeg, den 28. Abrëll an der Sportshal

zu Waldbëlle, um 20h:

Galaconcert vun der Waldbëlleger Musek

Sonndeg, den 29. Abrëll am Mëllerdall

Wild- und Heilkräuterwanderung

Umelle kënnt Dir lech op

touristcenter@mullerthal-mullen.lu oder um 87 89 88.

Sonndeg, den 13. Mee

Millefest op der Heringer Millen

Den 20. Mee ass Päischsonndeg.

Samsdeg, de 26. Mee 2018

an der Porkierch Waldbëlle, um 20h

Concert mat den Elysian Singers of London

ënnert der Leedung vum Sam Laughton.

Org: Uergelfrënn



D'Schoulvakanze sinn vum 31. Mäerz bis de 15. Abrëll a vum 19. bis de 27. Mee

Den **Touristcenter op der Heringer Millen** ass op vun 9h30 bis 16h30, dënsdes bis samsdes, vum Abrëll u mëttwochs bis sonndes, vum 16. Mee un all Dag

D'Footballmatcher vum FC Olympia Chrëschtnech-Waldbëlle ass op der Internetsäit www.fcolympia.lu ugesot

D'Restauranten an der Gemeng:

No der Wanterpaus fänkt d'Liewen erëm un an de Restauranten aus der Gemeng, vun deenen déi meescht am Wanter zou hunn:

- De Restaurant **Gudde Kascht** zu Haler ass vum 1. Mäerz un erëm op, donneschdes, freides a samsdes owes, samsdes a sonndes mëttes. Telefon: 83 67 48
- De Restaurant **Cigalon** am Mëllerdall mécht den 10. Mäerz erëm op. Telefon 79 94 95
- De Restaurant an der **Heringer Millen** ass zanter dem 1. Februar erëm op. All Dag, ausser sonndes owes a méindes. Tel: 26 78 47 17.
- De Restaurant um Chrëschtnecher Golf **Aux fines herbes** mécht den 1. Mäerz op.
- De **Café Dina** zu Waldbëlle huet all Dag owes op, ausser donneschdes; samsdes a sonndes och iwwer Mëttag. Tel: 26 78 40 87



De FUUSS als PDF online!





WALDBËLLEG
COMMUNE DE WALDBILLIG